Deen heiten Text, wéi gesot, ass ganz wichteg. Ech erlabe mer, Madame Ministesch, an Dir wësst et, et ass eng éternel Leier, ech hat et och schonn an der Kommissioun gesot, dofir erlaabt mer, dass ech et hei nach eng Kéier soen: Ech si ganz frou, dass mer ganz vill fir déi handicapéiert Leit maachen. Ech mengen et soll ee ganz vill hëllefen, esou vill wéi ee kann. Et soll een och ganz vill fir déi eeler Leit maachen - do maache mer jo och ganz vill. Mir hu jo regelméisseg e Centre fir Personnes âgées hei.

Mä et wier wichteg, och eppes fir déi Jonk ze maachen, Madame Minister. Ech hunn et schonn e puermol gesot, dofir kennen ech och schonn Är Äntwert, mä ob et net méiglech ass, Struktursplazen ze hu fir jonk Leit, déi op der Strooss sinn. Ech hunn Iech eng Question parlementaire elo gestallt, och iwwert d'Fuguen. Et wier och wichteg, dass mer hei eng Kéier eng Debatt hätten iwwert d'Situatioun vu jonke Leit, iwwer Strukture fir déi jonk Leit.

Ech schwätzen elo net vu Centres de vacances. Et geet net hei ëm Tourismus oder ëm déi Leit, deenen et gutt geet, mä et muss een och eng Kéier no deene jonke Leit kucken, deenen et net gutt geet, wat mer vu Strukturen hu fir déi, ob dat jonk Toxicoe sinn, ob dat jonk Leit sinn, déi op der Strooss sinn, jonk Leit, déi Problemer hu mat Medikamenter, oder jonk Leit, déi sexuell abuséiert gi sinn an op déi falsch Plazen herno placéiert ginn.

Op jidde Fall, mat där klenger Ouverture zur Debatt, fir en anert Thema unzepaken, well ech einfach mengen, dass et e wichtegt Thema wier, wäert ech och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei zu deem heite Projet bréngen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Bettel. Dann ass ageschriwwen den Här Fernand Diederich. Här Diederich, Dir hutt d'Tribün.

M. Fernand Diederich *(LSAP)*.- Här President, Madame Minister, Merci fir d'éischt emol der Rapportrice fir de Projet, fir de Rapport, deen si gemaach huet. Erlaabt mer méi kuerz ze sinn. Ech wëll just op zwee Punkten agoen.

Un dëse Projet de loi N°5371 gi mer als Deputéiert mat gréisserer Sensibilitéit erun, wéi wa mer e Projet solle stëmmen, wou et ëm Stroossen oder ëm Brécke geet, déi och zwar wichteg sinn, mä awer net déi mënschlech Dimensioun opweise wéi mer se hei virfannen, wou et direkt ëm Mënsche geet, a besonnesch ëm Mënschen, déi dagdeeglech mat engem Handicap musse liewen an op d'Hëllef an d'Solidaritéit vun der Gesellschaft a vun der Politik mussen ziele kënnen.

Duerfir si mer frou, datt mat dësem Projet modern, adequat Infrastrukture geschafe ginn, wou an engem individualiséierte Programm, mat Hëllef vun engem qualifizéierte Personal, deenen eenzelne Leit, nom relativen Niveau vun hirer Ofhängegkeet, dee beschtméiglechen Encadrement kann offréiert ginn.

Niewent dësem Center fir Dagesaktivitéiten, kënnen déi behënnert Leit awer och an engem Atelier protégé enger wirtschaftlecher Aktivitéit nogoen. Si hunn am Sënn vum Gesetz vum 12. September 2003 iwwert déi handicapéiert Persounen de Statut vum Salarié. Dës Beschäftegung erlaabt et hinnen, sech ze engagéieren, Dag fir Dag Efforten ze maachen, sech selwer duerch de Prozess vun der Aarbecht wéi och duerch dat hiergestallt Endprodukt ze realiséieren, doniewent awer och zäitweis enger méi kreativer Beschäftegung nozegoen.

Frou sinn ech, datt bei dësem Projet dem Prinzip vun der Dezentralisatioun Rechnung gedroe gouf an datt net nëmmen Infrastrukturen, wéi d'Superdreckskëscht a Bauschuttdeponien dezentral ugesiedelt ginn, well se anerwäerts keng Akzeptanz fannen.

De Site Biissen läit an der neier Regioun vum Aménagement du territoire, déi heescht Centre-Nord, direkt un der N7, no beim Contournement, esou datt och keng Problemer sinn, fir dee Site ganz gutt un d'Verkéiersnetz unzebannen. Vill Leit kommen och bestëmmt aus der Regioun Nordstad - Ettelbréck, Dikrech a Miersch -, esou dass déi Bedenke vum Conseil d'État mengen ech awer net deementspriechend kënnen zréckbehale ginn.

Um Schluss wëll ech soen, datt mer dëse Projet begréissen, an ech wëll heimat den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet ginn.

M. le Président.- Merci, Här Diederich. Dann ass den Här Adam ageschriwwen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Madame Minister, Dir Dammen an Dir Häre, fir d'éischt soen ech der Madame Frank Merci, déi ganz ausféierlech war an hirem Rapport. Esou ausféierlech, datt ech am Fong geholl net méi vill bäidroe wëll.

Dass hei e Centre d'activités de jour mat Atelier protégé fir Mënsche mat engem kierperlechen Handicap oder mat multiple Behënnerunge gebaut gëtt, an dat zu Biissen, ass eng gutt Saach. Déi gréng Fraktioun ënnerstëtzt dëse Projet och. Mir kréien hei déi néideg Infrastruktur, fir 80 Leit opzehuelen.

Zu deenen zwou Bemierkunge vum Statsrot wëll ech als ale Biissener soen: Biissen läit net um Enn vun der Welt, mä zimlech zentral am Lëtzbuerger Land. An ech mengen, datt et do absolut keng Schwieregkeeten dierft ginn, fir och fir d'Leit accessibel ze sinn.

An déi zweet Saach, wat de Bail emphytéotique oder den Droit de superficie ugeet, do ass et esou, d'Gemeng Biissen waart am Fong geholl just drop, datt mir dee Projet hei stëmmen, an dann dierft dat ouni Problemer an d'Rei goen.

E lescht Wuert nach vläicht zum Jean Heinisch, deen 1998 gestuerwen ass an och zu Biissen begruewen ass. Dat ass effektiv dann e Biisser Jong, deen aus enger industrieller Famill komm ass; si haten eng Seeërei. En huet als Kaploun, Paschtouer, duerno als Dechen an der Stad Lëtzebuerg gewierkt. E war Matbegrënner net nëmme vun der Fondation Tricentenaire, mä och vun der Fondation Maison de la porte ouverte. An ech fannen dat am Fong geholl ganz flott, datt dann deen Center zu Biissen eben och den Numm vum Här Heinisch kritt.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Adam. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Merci, Här President. Ech géif mengen, no all deenen Explikatiounen, déi hei scho gemaach goufen, kënne mir och vun eiser Säit aus nëmmen d'Zoustëmmung zu dësem Projet ginn. Ech géif mengen, all Invest an de Mënsch ass ee wichtegen Invest an deem kann een nëmmen zoustëmmen, an duerfir ass dat heiten och e gudde Projet.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Dann huet d'Regierung d'Wuert. Madame Minister Marie-Josée Jacobs, wann ech gelift.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Merci, Här President. Ech géif fir d'éischt och wëllen der Rapportrice, der Madame Marie-Josée Frank, villmools Merci soen. Si huet dat wierklech hei esou explizit gemaach, datt ech, gradesou wéi d'Kolleegen, déi virausser hei geschwat hunn, dat ganz kuerz ka maachen. Ech géing vläicht just wëllen ee Wuert soen och iwwer Biissen.

Dir verdenkt mer näischt, datt mer awer e liicht Lächeln iwwert d'Gesiicht geet, wa Biissen elo op eemol um Enn vun der Welt géing leien. Ech fanne jo nach ëmmer, datt Maarnech matzen am Zentrum vun der Welt läit. Da ka Biissen awer net esou aus der Welt sinn.

Dofir mengen ech, dat muss een och wëssen, datt awer och am Moment eng ganz Partie Infrastukturen och ewell am Minett bestinn. Et ass also och méi richteg, fir e bëssel chen ze dezentraliséieren a fir domadder e bësse méi an d'Mëtt vum Lëtzebuerger Land ze goen, fir datt och déi Leit, déi vun do kommen, och wann et der manner sinn, dann awer och d'Méiglechkeet hunn, net musse vun enger Säit op déi aner gefouert ze ginn.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Ech géing mech och wëllen deene Mercien uschléissen, sougutt vis-à-vis vun der Aarbecht, déi am Tricentenaire gemaach gëtt, mä awer och vis-à-vis vun der Gemeng Biissen, déi wierklech mustergülteg an där heiter Fro ass. Et ass och haut nach net an alle Gemengen automatesch esou, datt an d'Hänn geklatscht gëtt, wann een dohinner kënnt a seet, mir wëllen eppes do maache fir Behënnerter. Si sinn nach méi wäit gaangen, fir och nach do deen Terrain an der Emphytéose zur Verfügung ze stellen, mat symboleschen Euroen, déi se do kréien.

An ech géing och wëllen déi Aarbecht, déi de Claude Adam hei ervirgestrach huet, vum Här Heinisch éieren. Ech weess net, wee vun lech den Här Heinisch nach kannt huet, mä eng Kéier am Joer ass en, an der Zäit, bei mech komm an en hat ëmmer nei Iddien, en hat ëmmer nach iergendwou aarm Leit, déi e fonnt hat, fir déi en eppes wollt maachen. Ech denken, datt et och schéin ass, fir dee Mann heimadder ze éieren an dat och hei ze soen.

Ech si selbstverständlech och der Chamber dankbar, wa se haut dee Projet hei stëmmt. Et geet drëm, fir fir 80 Leit, déi behënnert sinn, entweder an den Atelieren eng Aarbechtsplaz ze fannen oder awer dann an enger Structure de jour; fir och deene Gesetzer Rechnung ze droen, déi mer an där leschter Regierung hei gestëmmt haten. Wou et eng Kéier drëm gaangen ass, fir en Akommes ze schafe fir déi Leit entweder, déi um fräie Maart schaffen oder awer an engem Atelier thérapeutique, oder awer deenen, déi eben d'Méiglechkeet net hunn, opgrond vun hirem Handicap, datt se an engem Centre de jour sinn, an elo do d'Méiglechkeet kréien, fir e Revenu de remplacement ze kréien an der Héicht vum RMG.

Wann een déi eng Gesetzer stëmmt, da muss een och kucken, datt déi aner nokommen, well soss gëtt dat kee Sënn.

Ech géing vläicht just wëllen eppes soen, e bësselche wéinst deenen Diskussiounen, déi an deene leschten Deeg gefouert gi sinn. Mir hunn an deene leschte Jore vill investéiert, villes gemaach am Behënnerteberäich, an ech mengen net, och bei all deene vun lech, déi hei an der Chamber ewell méi laang sinn, datt ech géing verdächteg ausgesi fir wëllen do de sozialen Ofbau ze bedreiwen. Soss hätte mer besser gehat, mir hätten dat do alles net gemaach, da bräichte mer elo net lues ze maachen. Mir hunn net wëlles, och net an deenen nächste Joren, fir do wëllen zréckzegoen, mä fir och do eise Responsabilitéiten nozekommen, fir ze kucken, datt jiddfereen - an dat steet och am Rapport dran - déi individuell an déi perséinlech Hëllefe kritt, déi fir hien am beschte sinn.

Ech géing vläicht just och wëlle soen, datt selbstverständlech déi Kanner a Jugendlech, vun deenen hei geschwat gouf, datt mer deene Situatioune wëlle Rechnung droen a mer och do amgaange si verstäerkt Efforten ze maachen, fir och nei an zousätzlech Plazen ze schafe fir Kanner, déi net d'Chance hu fir kënnen doheem ze bleiwen, fir fir déi eng Méiglechkeet ze fannen, fir se kënnen ze placéieren.

Merci villmools.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Minister. Domadder si mer um Enn vun der Diskussioun. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5371.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5371 ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Marcel Oberweis), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. John Castegnaro), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par Mme Lydie Err);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par

Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Claude Meisch et Carlo Wagner (par M. Xavier Bettel);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Proposition de loi concernant l'action en faveur de la promotion de l'égalité des chances entre femmes et hommes au niveau communal. Auteur war d'Madame Dagmar Reuter-Angelsberg, Rapportrice ass d'Madame Viviane Loschetter. Dem Rapporteur an de Fraktioune sti jeeweils zéng Minutte Riedezäit zur Verfügung. Bis elo sinn ageschriwwen: d'Madame Frank, den Här Grethen an d'Madame Dall'Agnol. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vun der Proposition de loi, déi honorabel Madame Viviane Loschetter. Madame Loschetter!

Une voix.- Den Här Jaerling wollt och nach schwätzen.

M. le Président.- Den Här Jaerling kënnt als véierte Riedner hei op d'Lëscht stoen.

7. 5252 - Proposition de loi de Mme Dagmar Reuter-Angelsberg concernant l'action en faveur de la promotion de l'égalité des chances entre femmes et hommes au niveau communal et modifiant la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 - Présentation conformément à l'art. 60 du Règlement

Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG), rapportrice.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de 27. November 2003 huet déi gréng Parlamentarierin Dagmar Reuter-Angelsberg eng Proposition de loi hei an der Chamber déposéiert mam Titel «concernant l'action en faveur de la promotion de l'égalité des chances entre femmes et hommes au niveau communal et modifiant la loi communale modifiée du 13 décembre 1988».

Dës Propositioun beinhalt zwee Artikelen. Den éischten Artikel préconiséiert eng paritéitesch Opdeelung tëscht Fraen a Männer an de Gemengekommissiounen. Dat heescht, all Partei oder Gruppement mécht eng paritéitesch Propos vu Kandidatinnen oder Kandidate fir den Ensembel vun de Posten, déi ze besetze sinn.

En zweeten Artikel préconiséiert d'Schafung vun enger zousätzlecher, enger véierter obligatorescher Kommissioun, nieft der Commission des Étrangers, der Commission scolaire an der Commission des Loyers. Also eng obligatoresch Kommissioun à l'Égalité des chances, déi als Aufgab huet, d'Förderung vun der Chancëgläichheet tëschent Fraen a Männer um Gemengenniveau ze förderen. Dozou soll e Règlement grandducal d'Organisatioun an de Fonctionnement vun dëser neier obligatorescher Kommissioun definéieren.

Esou kéint ee sech zum Beispill virstellen, datt eng Kommissioun dann obligatoresch gëtt, wann eng Gemeng eben eng gewëssen Zuel vun Awunner an Awunnerinnen huet, an d'Aarbecht vun där Kommissioun och ëmsetzbar ass, souwuel um Niveau vun der politescher Organisatioun wéi och um Niveau vun der praktescher Organisatioun um Terrain.

Dës Proposition de loi huet hir Inspiratioun bei de Revendicatioune vum Conseil national des Femmes du Luxembourg fonnt, wouzou ze bemierken ass, datt d'Propositioune vun engem Gesetzestext vum Conseil national des Femmes du Luxembourg méi wäit ginn, wéi d'Proposition de loi vun der grénger Fraktioun.

De 14. Mee 2004 huet d'Regierung hir Prise de position bekannt ginn. Déi deemoleg Regierung beschreift hir Positioun als eng am vollen Aklang mat den Objektiver vun dëser Proposition de loi. Si ernimmt eng Rei vun Engagementer, déi se ënnerschriwwen huet, ënner anerem d'CEDAW-Konventioun, d'Deklaratioun an d'Plattform vu Peking, den Amsterdamer Traité, d'Charte sociale européenne, de Plan d'action 2000 an de PAN fir d'Chancëgläichheet tëschent Fraen a Männer.

Trotzdeem fillt déi deemoleg Regierung sech bestätegt an hiren Effortë vu Sensibilisatioun op dësem politeschen Niveau a gesäit dofir den Zweck net an, ebe fir aus enger consensueller Politik eng contraignant Politik ze maachen, fir d'Chancëgläichheet tëschent Fraen a Männer ze förderen. Den deemolege Ministère de la Promotion féminine an den deemolegen Innenministère wollten zesummen eng Circulaire commune un déi 118 Buergermeeschtere schécken, fir si drun ze erënneren, wéi wichteg datt e paritéiteschen Equiliber tëschent Fraen a Männer unzestriewen ass, an dofir sech Mëttele ginn, wéi zum Beispill ënner anerem eng Chancëgläichheetskommissioun oder ebe weiblech Kandidatinnen ze förderen.

Den 13. Abrëll 2005 huet de Conseil d'État säin Avis ofginn, an de Statsrot ralliéiert sech am grousse Ganzen un d'Regierung. De Conseil d'État gesäit den éischten Artikel, also dee vun der paritéitescher Propos vu Kandidaten a Kandidatinne vun deene verschiddene politesche Gruppementer, eben als e consensuellen, well d'Kandidature vun de Parteien oder Gruppementer jo net d'office nominéiert sinn, mä duerch de Vote am Gemengerot ebe votéiert ginn oder och eben net votéiert ginn. D'Obligatioun bleift also de facto bei de politesche Gruppementer.

De Conseil d'État proposéiert den zweeten Artikel iwwert d'Aféiere vun enger véierter obligatorescher Kommissioun ze sträichen, well d'Justifikatioun vun enger obligatorescher Chancëgläichheetskommissioun senger Meenung no net gerechtfertegt ass par rapport zu aner potenzielle Revendicatiounen, wéi zum Beispill eng obligatoresch Finanzkommissioun oder eben eng obligatoresch Ëmweltkommissioun.

Doriwwer eraus gesäit de Conseil d'État d'Féminisatioun vun der Sprooch als net kompatibel mat de Reglementer vun der Académie française. Ech muss zwar do allerdéngs soen, datt souwuel de Conseil d'État wéi och d'Académie française zwou wäertvoll an och respektabel Institutioune sinn, wou d'Fraen allerdéngs drastesch ënnervertruede bleiwe bis haut.

De 25. Mee 2005 huet d'Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse sech eng éischte Kéier mat dëser Proposition de loi befaasst. An do waren all Membere sech eens iwwert d'Wichtegkeet an d'Noutwendegkeet vum Inhalt vun där Proposition de loi. Allerdéngs ware majoritairement d'Memberen der Iwwerzeegung, datt dee consensuelle Wee iwwer Campagnen, iwwer Sensibilisatiounen an iwwer Publikatiounen dee besseren an och dee richtege Wee wier, fir eng reell Chancëgläichheet, sprich Paritéit, tëschent Männer a Fraen um Gemengenniveau ze erreechen.

D'Argumenter fir e consensuelle Wee bäizebehalen, waren ënner anerem, datt e contraignantë Wee, dat heescht e Wee och iwwer Gesetzestext wéi deen heiten, géif op Käschte vun der iwwerzeegter Politik goen a kéint sech eventuell souguer als kontraproduktiv erweisen. E contraignantë Wee wier och en Agréff an d'Gemengenautonomie.

Et ass sech och d'Fro gestallt ginn, ob net allgemeng eng Reform vun der Organisatioun an dem Fonctionnement vun de Gemengekommissioune misst an d'A gefaasst ginn. An et ass sech d'Fro gestallt ginn, ob eng Gemeng iwwerhaapt eng Chancëgläichheetskommissioun hautdësdags nach brauch, déi oft als Alibikommissioun ka beschriwwe ginn, oder ob d'Chancëgläichheetspolitik net iwwert deen direkte Wee vun der Déclaration échevinale an dem Schäfferot kéint mat der Schafung direkt vun engem Service à l'Égalité des chances ëmgesat ginn.

D'Partei, déi d'Proposition de loi déposéiert huet, huet sech de Wierder vum Conseil d'État an och vun där deemoleger Regierung ugeschloss, nämlech datt d'Regierung schonn en etlech Engagementer ënnerschriwwen hätt, an de Gemengenniveau an d'Gemengekommissiounen eng ganz wichteg Roll an der Basisdemokratie spillen, an datt d'Ustriewe vun der paritéitescher Besetzung noutwendeg ass.

Dofir huet d'Vertriederin vun der grénger Fraktioun als eenzeg Member vun der Kommissioun plädéiert, datt et un der Zäit wier, vu datt eng Verbesserung vun de weiblechen Effektiven an der Gemengepolitik nëmme ganz lues virugéing, fir duerch ebe contraignant Mesurë méi proaktiv ze ginn op engem Gebitt, wou jiddfereen d'Wichtegkeet an d'Noutwendegkeet ënnersträicht.

An enger zweeter Sëtzung, dat war den 9. Juni 2005, huet d'Kommissioun sech kuerz nach eng Kéier getraff, fir eestëmmeg eng Rapportrice ze nennen, an an der Sëtzung vum 29. Juni 2005 huet d'Kommissioun de Rapport unanimement ugeholl a sech majoritairement géint eng Poursuite vun dëser Proposition de loi ausgedréckt.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Loschetter. Als éischt Riednerin ass agedroen d'Madame Marie-Josée Frank. Madame Frank!

Discussion générale

Mme Marie-Josée Frank *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'absolut Gläichheet tëschent Mann a Fra an eiser Gesellschaft ass nach ëmmer net erreecht. Dat wësse mer alleguerten. Et gëtt nach ganz grouss Ënnerscheeder wat den Undeel vu Fraen a Féierungspositioune betrëfft, den ënnerschiddlechen Taux d'activité vu Mann a Fra, an net ze schwätze vum Ënnerscheed am Gehalt.

Dës Feststellung gëllt awer och fir d'Participatioun vun de Fraen an der Politik, sief et um nationale wéi och um kommunalen Niveau. Am Moment sëtzen hei an der Chamber 14 Fraen, wat 23% vun allen Deputéierten ausmécht. Och wa par rapport zu der letzter Legislaturperiod zwou Frae bäikomm sinn, esou sinn dach d'Fraen an dësem Haus nach largement ënnerrepresentéiert.

Wann ech mer dann d'Participatioun vun de Fraen um Gemengenniveau ukucken, esou ass dësen Taux nach méi schlecht: 15% sëtzen nëmme Fraen am Gemengerot, 10% Fraen am Land hei si Buergermeeschter an 13,7% Frae sinn an de Schäfferéit. Aus enger Etüd vum Conseil national des Femmes geet ervir, dass nëmmen 28% vun de Membere vun de berodende Gemengekommissioune Frae sinn. Dës Chiffere beweisen, dass eng egalitär Participatioun vu Fraen um politesche Liewen an eise Gemengen nach laang net erreecht ass. Duerfir ass all Initiativ, déi als Zil huet, dass méi Frae sech aktiv an der Gemengepolitik bedeelegen, begréissenswäert.

Här President, d'Proposition de loi, déi mir haut de Mëtteg hei diskutéieren, soll an dës Richtung goen. D'Haaptzil vun dësem Text ass d'Gläichheet tëschent Mann a Fra um Niveau vun der Participatioun vun der Gemengepolitik ze promouvéieren. Ech ginn elo net méi an den Detail vun der Proposition de loi an, well dat huet ganz detailléiert d'Madame Loschetter gemaach.

D'CSV-Fraktioun ass der Meenung, dass d'Obligatioun, paritär Lëschten opzestellen, net de richtege Wee ass. D'Fro, déi sech nämlech stellt, ass déi: Wat geschitt wann eng Partei et net fäerdeg bréngt, eng équilibréiert Lëscht opzestellen? Och besteet duerch dës Mesure de Risque, dass d'Parteie méi domadder beschäftegt wiere fir Quoten anzehalen, wéi op d'Qualitéit vun hire Kandidaten, ob Mann oder Fra, ze uechten.

Une voix.- Très bien.

Mme Marie-Josée Frank *(CSV).*- Wat bréngt et nämlech, wa Leit op enger Lëscht sinn an awer net am Häerz dobäi si fir guttwëllend matzeschaffen. D'CSV-Fraktioun, wéi iwwregens och d'Regierung, ass der Meenung, dass den aktuellen Artikel 15 am Gemengegesetz net soll ëmgeännert ginn. Duerch dësen Artikel hunn d'Gemenge jo schonns d'Méiglechkeet konsultativ Kommissiounen ze schafen a mat Leit ze besetzen, ob Männer oder Fraen, déi hirer Meenung no déi néideg Qualitéiten hunn, fir si an hirer Gemengenaarbecht ze ënnerstëtzen. D'Obligatioun paritär Lëschte fir d'Besetzung vun de konsultative Kommissiounen opzestellen, féiert eiser Meenung no net dozou, dass sech doduerch méi Fraen aktiv an der Gemengepolitik géifen engagéieren.

Här President, den zweeten Deel vun der Proposition de loi gesäit vir, dass an all Gemeng am Land eng Commission consultative à l'égalité des chances entre hommes et femmes muss geschafe ginn. Och wa mir d'Wichtegkeet vun esou enger Kommissioun ënnersträichen, sou stellt d'CSV-Fraktioun sech awer d'Fro, firwat si obligatoresch an all Gemeng misst agefouert ginn.

Haut schonn hu Gemengen duerch den Artikel 15 d'Méiglechkeet eng Commission à l'égalité des chances an hire Gemengen anzesetzen. Deene leschten Zuelen no hu 40 Gemengen hei am Land schonn eng Commission à l'égalité des chances. De Fait, dass mir géint eng obligatoresch Ariichtung vun esou enger Kommissioun an all Gemeng si berout dorobber, dass virun allem an deene klenge Gemengen ee seriöe Risque kéint bestoen, dass dës Kommissioun zu enger Alibikommissioun verkënnt, déi nëmmen um Pabeier existéiert an a Wierklechkeet net fonctionnéiert.

D'Kommissioun huet sech majoritairement géint d'Iddi vun der obligatorescher Schafung vun enger Commission à l'égalité des chances ausgeschwat an ass der Meenung, dass een ëmmer iwwert de Wee vun enger volontaristescher Politik an der Gemeng méi eng grouss Bedeelegung vu Mann a Fra an der Gemengepolitik kann erreechen.

Bei mir zum Beispill an der Gemeng hu mir 13 Kommissiounen, a wann ech do d'Moyenne kucken, da sinn do 43% vun de Memberen an eise Kommissioune Frae. An a menger Gemeng selwer schaffen 68% Fraen, dat heescht, dat ass also vill méi een héijen Undeel wéi Männer a souguer ab deem nächste Joer iwwerhëlt eng Fra de Poste vum Secrétaire communal an eiser Gemeng. Do wou ee Wëllen ass, do ass e Wee, a wou e Wee ass, do fanne mir interesséiert Leit, déi sech eben an de Kommissiounen, respektiv och an der Gemeng engagéieren.

Ech si mir awer bewosst, datt et a ville Gemengen uechtert d'Land, wat d'Bedeelegung vu Fraen an der Gemengepolitik ugeet, net esou roseg ausgesäit wéi a menger Gemeng.

Dofir ass et wichteg, dass och weiderhi sensibiliséiert an informéiert gëtt, firwat an aus wéi enge Grënn, zum Beispill d'Schafe vun enger Commission à l'égalité des chances wichteg ass, an op wéi eng Aart a Weis een e besseren Equiliber tëschent Mann a Fra an deene verschiddene konsultative Kommissioune kann erreechen.

An dëser Hisiicht ass och eppes Konkretes um Terrain geschitt, an zwar de leschten Dënschdeg hu mir an eiser Gemeng eng Lettre circulaire kritt, déi ënnerschriwwe war vun eiser Familljeministesch, vum Innenminister a vum President vum Syvicol, deen heibanne sëtzt.

Plusieurs voix.- Ah!

Mme Marie-Josée Frank *(CSV).*- Do hunn d'Gemengen eng Circulaire kritt an aus där Circulaire geet ervir, d'Gemengen ze sensibiliéieren fir eng Commission à l'égalité des chances entre hommes et femmes ze schafen. All politesch Entscheedung huet iergendwéi Influenz op Mann oder Fra, dofir kann eng Politique d'égalité des femmes et des hommes op kommunalem Niveau aktiv dozou bäidroen, dass déi verschidden Diskriminatiounen tëschent de Geschlechter ofhuelen an dass et zu enger méi gerechter Gesellschaftsform kënnt. D'Buergermeeschteren, déi och dës Note un all déi Kandidate solle weiderginn, déi an deenen nächste Gemengewahle wëlle kandidéieren, sollen sech mat dëser Circulaire beschäftegen.

D'Gemengen, déi bereet sinn sech fir eng besser Gläichberechtegung vu Mann a Fra an hirer Gemeng anzesetzen an op ënnerschiddlech Besoine vun deenen zwee Geschlechter anzegoen, kréie Pisten opgezeechent wéi si dës Erausfuerderunge meeschtere kënnen. Et gëtt gewise wéi eng Instrumenter de Gemengen zur Verfügung kënne gestallt ginn, wa si d'Politique à l'égalité des hommes et femmes um lokale Plang wëllen ëmsetzen.

D'Schafung vun enger Commission consultative à l'égalité des chances oder d'Kreatioun vun engem Service à l'égalité des femmes et des hommes sinn och e puer Instrumenter op déi d'Gemenge kënnen zréckgräifen.

An ech kéint mir do zum Beispill virstellen, datt een a méi klenge Gemenge vun der Communauté des communes kéint profitéieren a sech esou ee Service kéint organiséieren. Bei där Circulaire handelt et sech souzesoen ëm eng Gebrauchsanweisung, wou d'Gemenge berode ginn awer net forcéiert ginn, wéi een d'Iddi vum Gender mainstreaming um Gemengenniveau kann aféieren an ëmsetzen.

Här President, d'Gemengen encouragéieren a si net zwéngen, dat ass de Wee dee mir musse goen, wa mir zu enger méi grousser Participatioun vu Mann a Fra an der kommunaler Politik solle kommen. Dëst Zil kënne mir nëmmen erreechen duerch eng geziilte Sensibilisatioun an eise Gemengen a wa mir hinne bei der Ëmsetzung mat Rot an Hëllef zur Säit stinn.

Fraen, déi an der Politik sinn, sollen och ee Beispill si fir d'Fraen ze sen-

sibiliséieren an hinne Goût ze maache fir sech politesch ze engagéieren. Well eng Politik, déi vu Fraen a vu Männer gemaach gëtt ass einfach anescht, well Frae ganz oft aner Prioritéite setzen, wéi zum Beispill den Accueil parascolaire an de Gemengen - nëmme fir ee Beispill ze zitéieren.

Här President, de Wee, deen d'Proposition de loi virzeechent, ass menger Meenung no de falsche Wee, well een d'Gemeng obligéiert d'Iddi vun der Chancëgläichheet ëmzesetzen. Dofir an aus deene Grënn, déi ech elo genannt hunn, ass eis CSV-Fraktioun net fir dës Proposition de loi.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Frank. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Henri Grethen. Här Grethen, Dir hutt d'Wuert.

M. Henri Grethen *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, fir d'éischt wollt ech der Rapportrice Merci soe fir dee Rapport, dee si hei presentéiert huet, dee komplett war, deen neutral war, an et war jo sécherlech net ee liichten Exercice, well si op där enger Säit eng Proposition de loi vun enger Kolleegin ze verteidegen hat, op där anerer Säit awer huet missen hei den Avis majoritaire erëmginn.

An deem Zesummenhang, Här President, géif ech och der Ministesch fir d'Égalité des chances - oder wéi och ëmmer een dat elo soll nennen - mol d'Suggestioun maachen, dass mir wat d'Franséisch ugeet eis eens maache wéi mir dat dann elo maachen. Well d'Académie française, déi hei zitéiert ginn ass, déi ass nach ëmmer der Meenung, ob Mann oder Fra, et wier een ëmmer Rapporteur vun engem Projet oder vun enger Proposition de loi.

(Interruptions)

Elo gëtt et awer och Leit, déi méi progressiv soi-disant sinn, an déi da fir Dammen déi Fonctioun féminiséiere wëllen. Do gëtt et déi eng, déi nennen se Rapportrice, dat geet bei engem Rapporteur nach gutt, bei enger Trainerin ass dat schonn e bësse méi komplizéiert.

Mä, Här President, et gëtt och, besonnesch bei eise walounesche Frënn - an ech kommen nach heihinner, Här President, ënnert dem Afloss vun där leschter, vun der 31. Assemblée générale vun der Assemblée parlementaire vun der Francophonie -, wou och de weiblechen Term fir Rapporteur gebraucht gëtt, an do ass et net Rapportrice, mä et ass Rapporteure mat engem „e" hannen um Enn. Sou dass een och vläicht eng Kéier hei zu Lëtzebuerg kéint eenheetlech, wéi soll ech soen, kucke wéi een dat Wuert da soll am franséische Sproochgebrauch benotzen - mä dat nëmmen a Klammeren, fir dorun ze erënneren, Här President, dass elo d'lescht Woch déi wichteg Assemblée vun der Francophonie war.

An dann, Här President, hate mir jo leschte Sonndeg dee Referendum mat all deem, wat sech do ofgespillt huet ronderëm a während deem Referendum, an ech wëll emol hei op dëser Tribün ënnersträichen, dass ouni Europa mir nach laang net esou wäit wieren an dem Mouvement fir gläich Chancen zwësche Männer a Fraen net nëmmen an der Politik, mä iwwerhaapt am deegleche Liewen ze erreechen. Et ass haaptsächlech duerch déi Mesuren, déi um europäesche Plang initiéiert gi sinn, déi Mesures antidiscriminatoires, dass mer haut schonn déi Fortschrëtter par rapport zur Vergaangenheet gemaach hunn, déi mer kennen.

Här President,…

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Et ass och haaptsächlech duerch d'Fraen, dass mer e „oui" kritt hunn am Referendum. 60% vun de Frae waren dofir.

Une voix.- Virop zu Schëffleng.

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Och zu Schëffleng.

(Interruptions diverses)

M. Henri Grethen *(DP)*.- Här President, während den Debatten iwwert de Referendum huet ee sech heiansdo gefrot, ob een als Liberale misst an Deckung goen. Well de Liberalissem ass permanent verdaamt ginn, an et ass haaptsächlech och vun Neoliberalissem geschwat ginn. Wann ee mol eng Kéier dat Wuert Neoliberalissem auserneen hëlt, dann heescht et net méi an net manner wéi neie Liberalissem. Dobäi gëtt et fir mech keen neien a keen ale Liberalissem.

Et gëtt einfach nëmmen am politesche Mouvement de Liberalissem, deen eigentlech soss ëmmer als Wuert positiv besat ass. Wann an der kathoulescher Kierch zum Beispill d'Leit e bësse méi oppe ginn, da seet een, si gi méi liberal. Wann ee vun engem seet, dass en net méi esou engstireg ass, da gëtt gesot, e wier liberal.

Duerfir, Här President, fannen ech, dass een och an dëser Debatt soll un d'Valeure vum Liberalissem erënneren, an déi grouss Prinzipië sinn déi vun der Egalitéit, vun der Fräiheet a vun der Bridderlechkeet, an d'Egalitéit ass an dëser Debatt e ganz wichtegen Aspekt. Mä Egalitéit, Gläichheet, dat heescht gläich Chancen. Dat heescht awer net Gläichmaacherei!

An ech hunn heiansdo d'Impressioun, Här President, dass ënnert dem Deckmantel vun der Gläichheet oder vun der Egalitéit an der Chancëgläichheet och versicht gëtt, Gläichmaacherei ze maachen.

Här President, ech huelen elo e bëssen en absurd Beispill, mä dat awer fir d'Frae schwätzt: Am Premièresexamen dëst Joer, mä och déi Jore virdrun, hunn d'Meedercher wesentlech besser ofgeschnidde wéi d'Jongen. Et géif jo keen op de Gedanke kommen, fir ze soen am Premièresexamen dierften nëmmen esou vill Jongen duerchkomme wéi Meedercher, sou vill Meedercher wéi Jongen. Dat wier jo absolut absurd. Hei geet et einfach nëmmen dorëms: Jiddfereen, deen d'Chance huet an e Lycée ze goen, Lycée technique oder Lycée classique, dee sech dem Premièresexame stellt, jiddferee soll déiselwecht Chance hunn, déiselwecht Ausgangskonditiounen, et que le meilleur gagne. Och an der Politik.

Mä ech weess, dass d'Rahmebedingunge fir Politik ze maachen, fir sech öffentlech ze engagéieren, fir déi Zäit opzebréngen, dass dat fir d'Männer vill méi einfach ass haut an eiser Gesellschaft och nach trotz allen Efforten, déi gemaach gi sinn, vill méi einfach ass wéi fir d'Fraen.

Mir mussen also dru schaffen alleguer gemeinsam, dass d'Fraen déi Rahmebedingunge kréien, déi se brauche fir sech enger politescher Aktivitéit ze consacréieren. Dat kréie mer net duerch Gesetzer gemaach. Dat kréie mer net doduerch hiergestallt, dass mer soen, et muss elo per Gesetz esou gemaach ginn. Dat bréngt mer nëmme fäerdeg alleguer zesummen, wa mer wierklech déi Konditioune schafen, déi de Fraen et erlabe sech an der Politik ze engagéieren.

Meng Virriednerin huet gesot, Frae bréngen e wichtegen Apport an d'Debatten eran. Ech gesinn, dass et net nëmmen oft méi ziviliséiert hiergeet, wat méi Dammen am Raum sinn, mä awer och dass eng aner Sensibilitéit a ganz oft eng manner grouss Aggressivitéit an den Debatten ass, ob dat intern an der Partei ass oder och no baussen.

Dofir ass meng Partei, ass d'Demokratesch Partei e resolute Verfechter vu méi Engagement vun de Fraen an der Politik. An dat hu mer jo och bewisen: Mir hate schonn e puer Mol eng Fra, déi Presidentin vun eiser Partei war. Bei eis an der Partei kënne Fraen déi héchste Fonctiounen, an der Partei an och am Stat oder an de Gemenge bekleeden, mä dat ëmmer an engem Esprit vu Gläichheet mat hire männleche Kolleegen an och Konkurrenten.

Duerfir, Här President, war ech och frou, dass d'Kommissioun an hirer Majoritéit déi Proposition de loi hei ofgelehnt huet, och wa sympathesch Elementer do dra sinn. Dës Regierung wéi déi viregt Regierung huet op deem Wee scho villes gemaach an et bleift nach en Deel vum Wee ze maachen, dee solle mer zesumme maachen an duerch e konsequenten Engagement nach méi sensibiliséiere fir d'politesch Aufgaben, fir de politeschen Engagement. Ech mengen, dass mer dann ouni Zwang dat erreechen, wat an dëser Proposition de loi, déi net ugeholl gëtt, soll mat Zwangsmesuren erreecht ginn.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Grethen. Nächst Riednerin ass déi honorabel Madame Dall'Agnol. Madame Dall'Agnol, Dir hutt d'Wuert.

Mme Claudia Dall'Agnol *(LSAP)*.- Merci, Här President. Madame Minister, Dir Dammen an Dir Hären, well déi Proposition de loi mer eigentlech op den éischte Bléck éischter sympathesch war, hunn ech du probéiert de Pour an de Contre dach e bësse méi genau ënnert d'Lupp ze huelen. An als Gemengepolitikerin an awer och als Presidentin vun enger Fraenorganisatioun, mécht ee jo am Laf vun der Zäit verschidden Erfahrungen, där gudder mä awer och där schlechter. An och déi hunn ech da probéiert a meng Iwwerleeunge mat eranzebréngen.

Ech kann aus Zäitgrënn, Här President, hei awer elo leider nëmmen e puer vun deenen Iwwerleeungen ufëieren, déi mech dann awer op den zweete Bléck dozou bruecht hunn, déi Proposition de loi, esou sympathesch se mer op den éischte Bléck dann awer och war, ofzelehnen.

Eng éischt Iwwerleeung zu den obligatoresche Gläichstellungskommissiounen. Solle mer net higoen an d'Fraen eigentlech nach méi verstäerkt wéi bis elo encouragéieren an net forcéieren iwwerall matzeschaffen? A solle mer dann net kucken, datt eben an alle Kommissiounen interesséiert Fraen erëmzefanne sinn? A wa mer dat wëllen, da mengen ech ass fir jiddfer Eenzelne vun eis no den nächste Gemengewahlen eben den Zäitpunkt do, fir ze kucken a senger eegener Gemeng genuch gutt an interesséiert Fraen an d'Kommissiounen eranzekréien.

Wat dann awer elo d'fräiwëlleg Aféiere vun esou enger Gläichstellungskommissioun ubelaangt, géing ech dann awer och de Wee ënnerstëtzen, deen d'Madame Minister zesumme mam Innenminister a mam Syvicol gaangen ass, nämlech emol fir Informatioun, via eng Circulaire an de Gemengen, ze suergen.

Ech mengen, datt een déi Leit emol muss dozou bréngen, datt se iwwerhaapt de Sënn an den Zweck vun der Gläichstellung verënnerlechen, well och dat ass leider nach ëmmer net op alle Plazen an de Gemengen de Fall. Ech sinn awer net mat allem eens, wat soll de But vun där Circulaire sinn a wat an deem Zesummenhang och an der Press stoung.

Ech mengen, datt et illusoresch ass eng Gläichstellungsdelegéiert an déi verschidde Kommissiounen ze schécken, well wann ee weess, wéi vill Kommissiounen tagen, da sinn ech iwwerzeegt, datt déi dat eleng guer net géing fäerdeg brénge.

An der Circulaire steet, datt eng Gläichstellungskommissioun eng Analyse comparative vun der Situatioun vun de Fraen a Männer aus hirer respektiver Gemeng soll maachen. Aus Erfahrung weess ech awer, datt dat a gréissere Gemengen net vun enger Kommissioun ze realiséieren ass. Well wien huet Zougang, éischtens emol zu deenen Donnéeën? Wie verschafft déi Donnéeën? A wéini verschafft en se? Dat ka menger Meenung no nëmmen eng Persoun sinn, déi vun de Gemengenautoritéiten autoriséiert ginn ass an och agestallt ginn ass, a schlussendlech och den Optrag krut fir esou eng Etüd ze maachen, an net ee bénévolë Member aus enger Kommissioun, dee weder d'Kompetenzen huet nach Zäit fir esou eppes ze maachen.

Eng Kommissioun kann à la rigueur, an dat och nëmme wa se gutt besat ass, Richtungen uginn. Mä fir ze gleewen, datt se kann Analysë maachen an och nach Projeten ausschaffen, dat ass, Här President, an dat wëssen all déi Leit, déi schonn an esou enger Kommissioun getaagt hunn, eng Illusioun.

Iwwregens ass déi Proposition de loi an engem gewëssene Sënn vill ze vill bescheiden, an ech erkläre mech: Frae stellen ëmmerhin hei zu Lëtzebuerg méi wéi d'Halschent vun der Populatioun, also firwat sollen se sech eigentlech mat esou wéineg wéi enger konsultativer Kommissioun, also enger Kommissioun, wou een zwar däerf diskutéieren an och soll Pisten opzeechnen, mä wou awer kee Mënsch deem muss Rechnung droen, zefridde ginn.

Bei allem Respekt, Här President, mä esou bescheide sinn ech perséinlech dann awer net.

Une voix.- Dat wonnert een och net.

(Hilarité)

Mme Claudia Dall'Agnol *(LSAP)*.- Kéint Dir, Här President, lech eng Gemeng virstellen, déi zwar eng Bauten- an eng Verkéierskommissioun hätt, mä wou awer kee Fonctionnaire sech géing ëm de Suivi këmmeren?

(Mme Lydie Err prend la Présidence)

Madame Presidentin, kënnt Dir lech am Eescht hautdësdags eng Gemeng virstellen, wou kee professionell op den Themen Ëmwelt an Nohaltegkeet géing schaffen?

Abee, ech net. Mä ech kennen awer vill Gemengen, wou kee fir d'Gläichstellung zoustänneg ass a wou och keen dofir d'Kompetenzen, respektiv d'Ausbildung huet.

Sou wéi awer zënter Jore kee méi d'Daseinsberechtegung vun engem Service technique a Fro stellt, sou däerft eigentlech och e Gläichstellungsservice keen Tabuthema fir e Schäfferot sinn. Well menger Meenung no gëtt d'Gläichstellung am Schäfferot realiséiert, oder awer och net. A wann de Schäfferot bereet ass Geld an Aarbecht heiran ze investéieren, da kënnt och eppes Konkretes dobäi eraus.

Wann awer de politesche Wëlle feelt, da kann och déi beschte Kommissioun oder dee beschte Service näischt opweisen. An hei soll och mol ugesat ginn, well ech sinn iwwerzeegt dovunner, datt et Buergermeeschterinnen a Buergermeeschtere gëtt, déi gäre géingen e Service à l'Égalité des chances entre femmes et hommes aféieren, mä déi der Meenung sinn, zu Recht oder och zu Onrecht, se kéinte sech dee vläicht net leeschten.

An hei, mengen ech och, läit den Hues am Peffer. Kommt mir kucken, datt se sech e kënne leeschten an noer Zukunft, a kommt mir kucke verschidde Modeller auszeschaffen, déi mer dann de Gemengeresponsabele presentéieren, wéi zum Beispill e puer Gemengen zesumme kéinte schaffen. A kommt mir kucken, wéi mer esou Gemengen da logistesch an och finanziell besser kéinten ënnerstëtzen.

Ech wëllt dann hei och nach eng Kéier kloerstellen, datt et sech an dëser Proposition de loi, entgéint deem, wat ech och déi lescht Wochen hu missen an der Press liesen, net ëm d'obligatorescht Aféiere vu Servicer handelt, mä ëm konsultativ Kommissiounen, an dat ass dann awer trotzdeem fir mech e wesentlechen Ënnerscheed.

Zum Schluss, mengen ech, wier et awer och nach wichteg d'Realitéiten um Terrain vun alle Kommissiounen ze kucken. No de Chifferen, déi de Mouvement écologique an enger rezenter Etüd veröffentlecht huet, hu 40% vun deene Gefrotenen - a 40% ass jo awer keng Quantité négligeable - gesot, datt d'Kommissiounen hirer Meenung no eigentlech guer net méi zäitgemäss sinn. Gefrot goufe bei där Etüd mam Titel „Gemeindepolitisches Engagement fördern", 304 Membere vu Gemengeréit; eng fir eist Land also ganz representativ Zuel.

Mech perséinlech huet deen héijen Taux do eigentlech guer net iwwerrascht, well ech d'Chance hat d'Kommissiounen aus dräi Vuë kennen ze léieren, nämlech als Member, als Sekretärin, mä awer och als Presidentin, an datt ech och op d'Limiten an op d'Contraintë vun esou Kommissioune selwer scho gestouss sinn. Duerfir mengen ech misste mer eis fir d'éischt emol Gedanke maachen iwwert déi bestehend Kommissiounen, ier mer géingen anerer obligatoresch dobäi fuerderen.

Ech si perséinlech ganz gäre bereet heibäi matzehëllefen, mä aus deene Grënn, déi ech elo opgefouert hunn, ka meng Fraktioun dës Proposition de loi net ënnerstëtzen.

Ech wëll awer trotzdeem - Här Grethen, wéi ass et, Rapportrice? - der Rapportrice da Merci soe fir hir Aarbecht an ech géif lech dann alleguerten och Merci soe fir Är Opmierksamkeet.

Merci.

Mme le Président.- Merci, Madame Dall'Agnol. Den nächsten a leschte Riedner...

(Interruptions)

Entschëllegt, ech hu geduecht, dat wier en double emploi. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert nach eng Kéier; dës Kéier dann als Spriecherin vun Ärer Partei.

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG)*.- Dat nennt een eng duebel Belaaschtung, Madame Presidentin.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, well ech elo schlecht kann der Rapportrice fir hire mëndlechen a schréftleche Rapport félicitéieren, wëll ech dofir awer dem Dagmar Reuter-Angelsberg, gréng Deputéiert am Joer 2003-2004, félicitéiere fir hir excellent Proposition de loi, déi si hei an dësem Haus déposéiert huet.

Pour la petite histoire, géif ech gär am Ufank beschreiwen, datt e bëssen Onrou an d'Couloire vun der Chamber komm war, wéi op eemol dës Proposition de loi um Ordre du jour vun der zoustänneger Kommissioun war. An zwar aus engem symptomatesche Grond.

Well all Fra an all Mann hei an der Chamber, Madame Presidentin, all Fra an all Mann an der Regierung soen an der Öffentlechkeet, datt et wichteg, richteg an noutwendeg ass, datt d'Politik eng besser, souguer eng paritéitesch Représentatioun tëscht Fraen a Männer ustrieft. An déiselwecht Leit soen och alleguerten, datt et schued ass, datt bei deene leschten dräi Nationalwahlen de Pourcentage vun de gewielte Frae bei 20% stagnéiert. An dass et och schued ass, datt trotz Sensibiliséierungscampagnë bei deene leschte Gemengewahlen d'Zuel vun de gewielte Frae vun 10 op 15% eropgeklommen ass.

Wann awer Tacheles geschwat gëtt a konkret verbindlech Moossname proposéiert ginn, esou wéi der an all Séance plénière op allen aneren Domäner hei an der Politik an dësem Haus gestëmmt ginn, wann et awer ëm d'Thema geet Chancëgläichheet tëschent Männer a Fraen, da gi vill Leit nervös an der Politik. Well da geet et drëms, vu schéine Sonndesrieden op konkret pragmatesch Förderung eriwwerzegoen.

Wa mir all sechs Joer, mat Hëllef vun de wichtegen an noutwendege Sensibilisatiounscampagnen, de Pourcentage vun de gewielte Fraen an de Gemengen ëm 5% erhéijen, dann dauert et bis d'Gemengewahle vum Joer 2041, bis mir d'Paritéit um Gemengenniveau erreecht hunn. Dofir, a wa mer eis jo eens sinn iwwert d'Objektiver, déi ze erreeche sinn, huet déi gréng Fraktioun am November 2003 eng Proposition de loi an deem Sënn agereecht.

Madame Presidentin, et ass näischt Revolutionäres. Och déi Gréng hunn et verstanen, datt bei sensibelen Themen et besser ass, d'Politik vun deene klenge Schrëtt ze proposéieren.

An dëser Proposition de loi geet et drëms 1. eng Chancëgläichheetskommissioun ënner verschidde Bedingungen, déi per Règlement grand-ducal festgeluecht ginn, als véiert obligatoresch Gemengekommissioun anzeféieren, an 2. all Partei oder Gruppement an engem Gemengerot dozou ze féieren, och Fraen, an zwar esou vill Frae wéi Männer, ze proposéiere fir an d'Kommissiounen.

Dëst sinn zwou konkret Moossnamen, déi op deem Niveau vun der Politik, wou een am noosten ass bei der Alldagsgestaltung, dat sinn zwou Mesuren, déi sech am beschten eegne fir Fraen, iwwregens och fir Männer, fir d'Politik ze motivéieren.

Déi meescht Politiker, männlech a weiblech, fänken iwwregens an der Gemengepolitik un. Déi meeschte Frae sinn och an der Chancëgläichheetskommissioun erëmzefannen. Dofir sinn d'Chancëgläichheetskommissiounen e wichtegt Instrument, fir engersäits d'Fraen ze förderen an der Politik, an anerersäits Fraepolitik a Chancëgläichheetspolitik an de Gemengen ze förderen. Déi zwou Saachen zesummen droe wesentlech zu enger besserer Ëmsetzung vu fraen- a chancëgläichheetssensibeler Politik bäi.

De Chancëgläichheetsministère souwuel wéi de Conseil national des Femmes ënnerstëtzen dës Chancëgläichheetskommissiounen op ville verschiddene Punkten an assuréieren och nach eng kontinuéierlech Formatioun. Regelméissegen Austausch, Echange vu „best practices", Aktivitéiten a Projete bréngen eng interessant an eng wäertvoll Dynamik an d'Gemengepolitik.

Haut schwätze mer zum Beispill vun „gender mainstreaming", „gender budgeting", „gender"-sensibel Approche bei der Ausschaffung vun neie PAGen, „gender"-sensibel Ausbildung fir d'Personal um Gemengenniveau.

Eng zweet petite histoire ass déi, datt de Fait, datt mer géinge geschwënn iwwert dës Proposition de loi hei an der Chamber debattéieren, dës Regierung drun erënnert huet, datt si an hirer Prise de position erklärt hat, eng Circulaire erauszeginn.

Viru genau enger Woch ass dunn, mat engem zimlech grousse medialen Opwand - d'Pressekonferenz vun zwee Ministeren a vum President vum Syvicvol -, dës Circulaire erauskomm. An ech wëll hei soen, datt déi gréng Fraktioun dëst ausdrécklech begréisst. Éischtens de medialen Opwand, esou wéi och den Inhalt am grousse Ganze vun dëser Circulaire.

Well all Visualisatioun vun der Chancëgläichheetspolitik ass eng politesch Aktioun en faveur vu méi Gläichheet tëschent Fraen a Männer, an dofir war et eiser Fraktioun och esou wichteg, dass dës Proposition de loi hei an der Chamber debattéiert gëtt, virun de Gemengewahlen am Oktober.

Well e Rapport presentéieren an an enger Chambersdebatt iwwert d'Gläichheet tëschent Fraen a Männer schwätzen, ass eng Sensibilisatiounsaarbecht. Ob et awer duergeet, an ech zitéieren den Innenminister bei senger Pressekonferenz, „de Gemengen eng gewëssse Paritéit, zum Beispill 40% Fraen ze suggéréieren", woe mir ze bezweifelen. An all déi, déi schonns eng Zäitche mat Gläichheet tëschent Fraen a Männer sech hu missen ausenaner setzen, missten eigentlech éierlech sinn an och Zweifelen hunn, eis Chancëgläichheetsministesch eigentlech un éischter Stell. Si an hir Partei si schonns zur Konklusioun komm, datt ouni eng gewëssse verbindlech Paritéit, nämlech en Drëttel Fraen, et net méi méiglech ass d'Fraeförderung éierlech ze promouvéieren.

Obwuel, ech wëll bemierken, datt et eigentlech just eng eenzeg Paritéit gëtt, den Numm seet et, 50/50, mengen ech, fir eben an der Politik vun de klenge Schrëtt ze bleiwen, datt d'Sensibiliséierung eleng net méi duergeet. A méi adequat wier et, an et wier och elo dee richtege Moment fir unzefänke mat contraignantë Mesuren, esou wéi eng etlech aner Länner dëst schonns längst erkannt hunn.

Mir musse jo net ëmmer an alle progressistesche Politiken, déi eist 21. Jorhonnert definéieren, d'Lanterne rouge sinn! Finnland huet säit 1995 e Gesetz wat eng minimal Quot vu 40% an alle lokalen an nationale Gremien imposéiert. Schweden huet säit 1987 eng progressiv Quot agefouert, dëst waren 30% fir 1992, 40% fir 1995 an d'Paritéit am Joer 1998. An effektiv, Schweden huet haut eng paritéitesch politesch Representatioun, an et geet de Schwedinnen an de Schwede ganz gutt dobäi. Eis belsch Noperen hunn 1998 per Gesetz eng Zweedrëttel-Quot an all hire Conseils consultatifs et provinciaux agefouert.

Si kréien haut d'Méiglechkeet, hir Carrière als Maître de cours spéciaux an hirer Schoul weiderzefëieren. Hinne bleift awer trotz hirem Bac+3 an dem Fait, dass si ausschliesslech am Cycle supérieur vun deem Lycée technique enseignéieren, den Titel vum Professeur d'enseignement technique verspaart.

Et ass schonn erstaunlech wéi d'Regierung respektiv de Ministère vun der Fonction publique et fäerdeg bréngt, deem Éducateur gradué wëllen ze erklären, firwat den Éducateur gradué an engem Cycle supérieur, mat engem Bac+3, net Urecht huet op déiselwecht Carrière wéi en Infirmier gradué Bac+3 am Lycée des professions de santé. Wat fir deen ee gëllt, misst jo eigentlech och fir deen anere gëllen.

Bon, ouni wëllen deen ee géint deen aneren auszespillen, sou muss ee feststellen, datt et, obwuel et eigentlech eng komplett analog Situatioun gëtt, souwuel bei de Studië vun deenen enge wéi vun deenen aneren, obwuel déi zwou Schoulen op deemselwechten Niveau scolaire ausbilden, nämlech ausschliesslech Cycle supérieur vum Secondaire technique, et dach awer symptomatesch ass, datt et grad déi sozial Beruffer sinn, déi ënnerbewäert ginn.

Et ass eigentlech e flagrant Beispill méi an enger ganzer Linn vun Ënnerbewäertunge vun deene socioéducativë Beruffer. Wat e gudde Moossstab ass, nämlech den Infirmier gradué a sengem Lycée technique pour professions de santé mat sengem Gesetz aus dem Joer 1995, gëllt am Gesetz vum Joer 2005 net fir den Éducateur gradué am Lycée technique pour professions éducatives et sociales.

Dobäi, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ass de soziale Secteur e Secteur, deen haut net méi ewechzedenken ass, gradesou wéi eben déi Professiounen aus dem Santéssecteur. Wann de soziale Secteur aus där enger oder där anerer Ursaach eng Kéier géing komplett ausfalen - ugeholl si géingen emol eng Kéier radikal alleguerte matenee streiken, aus wat fir engem Grond och ëmmer, - da wier eis Gesellschaft méi behënnert, wéi wann zum Beispill den Transportsecteur oder d'Schoulpersonal géing streiken. Da géing näischt, awer guer näischt méi hei funktionéieren: keng Crèche, keng

parascolaire Infrastrukturen, keng Structures d'accueil fir eeler Leit, fir behënnert Leit, an nach villes méi. Keen normalen Dagesoflaf fir bal jiddereen an eiser Gesellschaft wier da méi méiglech.

Dat ass d'Envergure vun der geleeschter Aarbecht am soziale Secteur. Just fir sech dat emol eng Kéier virzestellen. An dofir verdéngt si eng besser an eng méi respektvoll Ausbildungsplaz a besser Ausbildungskonditiounen, wéi dat de Fall ass a wéi dat eigentlech nach ëmmer de Fall war. Dëst muss och emol eng Kéier hei kloer op dëser Plaz gesot ginn. Well vill ze vill oft gëtt d'Qualitéit wéi d'Ampleur vun där geleeschter Aarbecht säit iwwer 30 Joer net richteg gesinn. A well se net richteg gesi gëtt, gëtt se och net richteg ageschat.

Et ass eigentlech um sozialen Aspekt vun engem Land wou een de soziale Fridden an och de mënschleche Räichtum vun engem Land moosst. Dofir ass et d'autant plus regrettabel wann engersäits mir net wëssen, ob een iwwerhaapt vläicht kann herno eng Äntwert ginn, ob mer iwwerhaapt e soziale Bachelor wäerten d'nächst Joer op där neier Uni kréien, an et ass nach méi regrettabel, datt een nach ëmmer, no 30 Joer Bestehen, de Lycée technique pour professions éducatives et sociales muss an enger Hal siche goen a gesinn, datt ënner onméigleche Konditiounen dës Formatioun muss ofgehale ginn.

E Lycée technique pour professions éducatives et sociales misst sengem Numm no um Niveau CATP ausbilden. Obwuel mir dës nei Méiglechkeet vum CATP begréissen, déi jo elo soll kommen d'nächst Joer, sou musse mer awer bedaueren, datt net oder eben nach net deen neie Lycée technique fir dës Formatiounen zoustänneg ass. Ech muss soen, dass d'Organisatioun vun deem neie CATP dach e bësselchen iwwerstierzt schéngt.

Engersäits gëtt elo e spezialiséierten technesche Lycée kreéiert, dee mat laangjährege qualifizéierten Enseignantë gestaffelt ass, an da gëtt parallell eng nei Formation CATP „auxiliaire de vie" agefouert, déi vu ganz anerem Personal ofgehale gëtt, déi - an do och erëm eng Kéier wëll ech wierklech kengem ze no trieden - dach awer net iwwert déiselwecht Kompetenze verfüge wéi am neien technesche Lycée. An dat alles dréit sécherlech net zur Klarifikatioun um sozialen Terrain a senge Beruffer bäi.

Och misst dësen neie Lycée iwwert d'Méiglechkeete verfügen, fir Weiderbildung unzebidden - dat ass och schonn hei gesot ginn -, souwuel fir déi Leit, déi do hiren Diplom kritt hu wéi awer och fir Leit, déi vläicht an engem ganz aneren Domän schaffen, awer punktuell eng Weiderbildung an engem socio-éducativë Fach brauchen. Eng Zesummenaarbecht mat der Uni Lëtzebuerg imposéiert sech praktesch an dësem Kontext. En Austausch mat aneren Institutiounen am Land oder am Ausland ass onëmgänglech, wann ee wëllt dëser wichteger Formatioun hire richtege Stellewäert ginn.

Dësen neie spezialiséierte Lycée misst e Point de rencontre si wou ausgetauscht gëtt, wou kreativ Brainstorminge méiglech sinn a wou op d'Aktualitéit am socio-éducativë Kontext ka reagéiert ginn. Eis schéngt et dofir wichteg a richteg, datt sech dës Aarbecht op engem eenzege geographesche Punkt konzentréiert, an dofir ass et wichteg, dass sou séier wéi méiglech dëse Lycée seng definitiv Plaz fënnt op engem geographesche Punkt, deen zentral läit a gutt mam öffentlechen Transport accessibel ass.

Ech wëll eigentlech net ze vill pathetesch iwwert dës socio-éducativ Beruffer schwätzen, well et ass scho schwéier genuch fir dës dach awer nei Beruffer, nodeem se jo am leschte Jorhonnert meeschtens vun der Charitéit bezuelt gi sinn a meeschtens vun den Uerdensschwëstere gemaach gi sinn, sech duerchzesetzen als Beruff mat deselwechte Revendicatioune wéi all aner Beruff. Ëmmer erëm spillt dach awer trotzdeem e bësselchen d'Engagement vum eenzelnen Erzéier vis-à-vis vu senge Matmënschen, déi e betreit, eng Roll. An ëmmer erëm gëtt vun engem schéinen a schwéiere Beruff geschwat, wou een am Déngscht vun de mannerbemëttelte Mënsche schafft.

Ech géif awer gär soen, datt et Zäit gëtt e bësse manner schéi Komplimenter fir en nobele Beruff auszedrécken, an dësen neie Beruffer déiselwecht Gläichstellung ze gi wéi all deenen anere Beruffer. Dat heescht am Kloertext, eng kloer Ausbildung, kloer Beruffsbiller, kloer Kritären an Aarbechtsverhältnisser, eng Schoul, déi der Ausbildung an hirer Wichtegkeet Rechnung dréit. Vläicht geet et souguer bei der Schoul an der Beruffsausbildung un, well si ass schlussendlech d'Visitëkaart fir all déi Beruffer, déi herno um Terrain schaffen.

Dofir wëll ech hei zum Schluss am Numm vu menger Fraktioun d'Noutwendegkeet ënnersträichen, fir dass dësen neie Lycée prioritär vun der Regierung considéréiert gëtt, fir engersäits eng Infrastruktur ze kréien an anerersäits dat noutwendegt Personal kënnen anzestellen, fir souwuel den Éducateur diplômé wéi den CATP „auxiliaire de vie" auszebilden, all Forme vu Weiderbildung am socio-éducativë Beräich unzebidden, wéi och Seminären, Colloquen a Konferenzen ze organiséieren.

A well dat jo och elo hei vu jiddergengem bal ugeschwat ginn ass, freeën ech mech dann och, Här President, fir Iech kënnen eng Motioun ofzegi vun der grénger Fraktioun, déi dann och seet, datt d'Regierung soll prioritär considéréieren, datt deen dote Lycée en uerdentlecht Gebai brauch. Voilà.

Motion 1

La Chambre des Députés,

considérant

- que la création d'un Lycée technique offrant exclusivement des formations dans le domaine éducatif et social par l'adoption du projet de loi portant création d'un Lycée technique pour Professions Éducatives et Sociales permet d'optimiser les études actuelles;

- que depuis le début des années soixante-dix, le secteur éducatif et social a connu un développement substantiel au Luxembourg;

- que les établissements dans lesquels la formation a été offerte pendant ces 32 années ont été loués pour des périodes déterminées et ne correspondaient aucune fois aux critères exigés pour garantir les meilleures conditions de formation;

- que quelque 720 élèves sont inscrits pour l'année scolaire 2005/2006 au Lycée technique pour Professions Éducatives et Sociales;

- que le nouveau Lycée ne bénéficie pas d'infrastructures propres et adaptées à ses besoins;

invite le Gouvernement

- à accorder une priorité à l'acquisition d'un bâtiment adéquat avec des infrastructures spécifiques et adaptées, notamment des ateliers, des salles d'expression, des salles de conférence, pour garantir une formation de qualité au Lycée technique des Professions Éducatives et Sociales.

(s.) Viviane Loschetter, Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Henri Kox.

Mir wäerten dëse Projet de loi, deen de Schüler a Schülerinnen d'Méiglechkeet gëtt, fir d'Educateursformatioun an engem richtege Lycée technique pour professions éducatives et sociales ze maachen, duerfir matstëmmen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Loschetter. Den nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Rapporteur, den honorabelen Här Castegnaro huet mat Recht op zwee wichteg Problemer higewisen, op déi ech nach wëll agoen. Meng Virriedner-innen a Virriedner hunn och de Projet de loi an allen Hisiichte beliicht. Mä nach schéngt et mer, datt zwee Punkte mussen diskutéiert ginn, wou ech Befierchtunge wëll ausdrécken. Eng Befierchtung ass déi, datt mer riskéieren hei eng éducativ Sakgaass ze schafe fir verschidde vun deene Leit, déi mer hei ausbilden.

Woufir? Mir hunn am Laf vun de leschte Jore ganz vill investéiert an de socio-éducativë Beräich. Mir hu ganz vill do gemaach, sief et um Niveau vum Stat, sief et um Niveau vun de Gemengen, sief et och privat Initiativen, déi uechtert d'Land entstane sinn a wou ganz vill Leit gebraucht gi sinn als Educateuren oder als Éducateur gradué fir an deene Beruffer déi Plazen auszefëllen, déi gefuerdert waren.

Mä et huet een natierlech doduerjer ganz vill jonk Leit recrutéiert an engagéiert. An déi jonk Leit bleiwen am Prinzip 20 oder 30 Joer an deem Beruff, wann net méi laang. E gudden Deel huet vläicht och aner Flichten oder aner Prioritéiten, well se op eng Kéier wëllen sech méi op hir Famill konzentréieren, mä nach muss ee sech bewosst sinn, datt et héchstwahrscheinlech net méi esou wäert virugoen, wéi et bis elo war. Dat heescht, datt 100% vun deenen, déi aus där Schoul, aus deem Lycée erauskomm sinn, datt déi och zu 100% eng Plaz kruten. Dat riskéiert am Laf vun de Jore méi schwiereg ze ginn. Mir riskéieren, datt vun deene 715 Elèven, déi mer elo hunn - do kommen der d'Joer also eng 230, 240 eraus, also en Drëttel -, do mat der Zäit eng 40, 50, 60 op eng Kéier keng Plaz fannen.

Dat ass eppes, wou ee mengen ech misst éischtens déi Schülerinnen a Schüler, déi sech op dee Wee do engagéieren, awer drop opmierksam maachen, respektiv een och muss kucken als Regierung, datt et keng Sakgaass gëtt, mä datt ee mat der Zäit kuckt, datt och do Equivalenze geschafe ginn, datt gekuckt gëtt, datt déi jonk Leit iwwer eng zousätzlech Formatioun oder e Recyclage oder duerch Equivalenzen awer kënnen sech engem anere Beruff vläicht higi wéi deem, deen se elo just studéiert hunn.

Dat ass eng Préoccupatioun, op déi ech d'Regierung wollt opmierksam maachen, well se ganz reell ass en vue vun deenen Donnéeën, déi engem bis elo zur Verfügung stinn.

Den zweete Problem, dee mat Recht ugeschwat ginn ass, ass dee vun de Chargé-de-coursen. Ech ginn et net midd, Madame Ministerin, bei all Interventioun, déi mer hei zu engem Projet de loi hunn, dorop hinzeweisen, datt d'Regierung muss Léisunge fannen, wat d'Problemer vun de Chargé-de-coursen ugeet, egal a wat fir engem Type d'enseignement se bestinn. Mir mussen do eng Léisung fannen, déi sech a mengen Aen dem Aarbechtsrecht ënnerwerft.

Mir musse kucken, datt déi Leit dat aktiivt an dat passiivt Wahlrecht kréien, well Dir wësst, datt d'Employé-privéën, déi fir de Stat schaffen, net d'Recht hunn, fir d'Delegéierten ze wielen oder fir als Delegéierte gewielt ze ginn. Et ass net gutt, dass alleguerten déi Leit dann och net däerfen hiren Avis ofginn, wann et ëm schoulesch Problemer geet a wann et ëm schoulesch Organisatioun geet.

Dat gesot, mengen ech, hu mer hei awer e Projet de loi, deen noutwendeg ass, deen och déi richteg Zilsetzunge gëtt. Mir wënschen och, datt de Lycée natierlech an engem Gebai ënnerbruecht gëtt, wat dezent ass. Ech hoffen, Madame Ministerin, datt Dir Iech do bei dem Här Bauteminister kënnt duerchsetzen.

Dat gesot, wëll ech den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Projet de loi bréngen.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Henckes. D'Regierung huet d'Wuert. Madame Minister, wann ech gelift.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech freeë mech iwwert déi Unanimitéit fir dëse Projet, dee vu menger Virgängerin, der Madame Brasseur, am Mee 2004 déposéiert ginn ass. Si huet jo och ganz am Detail den Historique gemaach an d'Argumentatioun, firwat dee Projet esou ausgesäit, wéi en ausgesäit, an net anescht. Ech ka mer dat also a menger Interventioun spueren.

Ech wëll just déi Unanimitéit hei begréissen, well ech se gesinn als eng Unerkennung vun där Ausbildung, déi bis elo gemaach ginn ass um IEES. An ech hoffen, dass alleguerten déi Leit, déi do schaffen, dat och esou gesinn. An hinne wëll ech och e Merci soe fir déi Opbauaarbecht an déi Pionéieraarbecht, déi do gemaach ginn ass.

Ech gesinn et och als eng Unerkennung vun der Wichtegkeet vun dem Beruff vum Educateur. An ech denken, d'Madame Loschetter huet dat hei ganz däitlech gemaach, wat fir eng Importenz dee Profil vum Educateur kritt huet an der Zäit an an de Joren.

Och muss ee vläicht ënnersträichen, dass dat Bild vum Educateur och vläicht duerch deen Numm, deen déi Professioun dréit, kënnt drop hiweisen, dass en haaptsächlech mat Kanner ze dinn huet. Et ass ee Beruff, dee ganz polyvalent ass, an deem ee souwuel mat Kanner, mat Jugendlechen, mat eelere Leit a mat Leit mat Handicap ka schaffen. Et ass also ee Beruff, deen a ville Beräicher vum Liewen immens wichteg ass, dee gefrot ass. De Succès, déi grouss Zuel vu Schüler, Studenten, déi sech aschreiwen am IEES, deen et jo da vun haut un net méi gëtt, beweist jo och, dass dat jiddefalls vun deene jonke Leit erkannt gëtt.

Ech maache mer elo de Moment jiddefalls net immens vill Suerge fir d'Ënnerkomme vun deene Leit, déi déi Studien hunn, well et e Beruff ass, an dat bedaueren ech trotzdeem e bëssen, deen haaptsächlech vu Fraen ausgeübt gëtt. Ech si frou, dass d'Fraen do aktiv sinn, mä ech denke fir all Beruff wär et gutt, wann eng besser Verdeelung wär zwësche Männer a Fraen. Mir mussen eis nach Saachen afale loossen, wéi mer dee Beruff och fir Jonge méi attraktiv kënne maachen. Mä doduerch dass vill Fraen an deem Beruff aktiv sinn, sinn natierlech vill Interruptioune vun der Carrière an doduerch ass den „turnover" vun deene Leit och ganz grouss.

Ech deelen alleguerten déi Iwwerleeungen, déi gemaach gi sinn, dass et wichteg ass an all Beruff, awer och a soziale Beruffer, well dat eben e Secteur ass, deen esou changéiert, dass mir eis Iwwerleeunge maachen, wéi een d'Weiderbildung respektiv eng opbauend Ausbildung kann un déi initial Ausbildung drunhänken. Ech denken, dat ass den Défi vun deenen nächste Méint a Joren, deen ech mer selwer gestallt hunn. Mir schwätze vill vum „lifelong learning"; mir mussen eis awer och d'Moyenen an d'Strukture ginn, fir dass dat sech och an der Praxis erëmfënnt.

Ech kann also der Madame Gantenbein soen, dass et dee Règlement grand-ducal nach net gëtt iwwer «en cours d'emploi», mä dass mer am Ministère amgaange sinn eis allgemeng Gedanken ze maachen, wéi eng Strukture mer kënnen opbauen, fir ebe just méi Encours-d'emploi-s-Offeren ze maachen.

Ech wëllt ee grousse Merci nach lassginn, an zwar un de Rapporteur fir säi Rapport. Och fir d'Rapiditéit, mat där geschafft ginn ass. Zwar ass de Projet virun engem Joer déposéiert ginn, mä et sinn nach am Mee Amendementer gemaach ginn.

De Conseil d'État huet säin Avis gemaach, an ech si frou, dass mer dee Projet haut kënne stëmmen, well jo, an dat ass aus all den Explikatioune virdrun erausgaangen, doduerch dass d'Gesetz iwwert d'Uni gestëmmt ginn ass, dem IEES ee Standbeen ewechgeholl ginn ass, a mer eigentlech och en Délai hunn, vu wéini u muss eng nei Struktur fir den IEES bestoen, an dat ass de September fir dës Rentrée. Et ass also kaum een Dag ze frél, dass dat Gesetz hei gestëmmt gëtt. Duerfir wollt ech der Kommissioun an och dem Rapporteur villmools Merci soen.

Fir mech wéi fir Iech bleiwen zwee Schéinheetsfeeler an deem Gesetz. Deen éischten ass dee vun den Enseignanten, deene Leit, déi am IEES ugestallt sinn, déi do den IEES mat opgebaut hunn, déi do Schoul gehalen hunn an déi zwar, an dat ass net den allgemenge Problem vun de Chargés de cours wéi bei deenen aneren, e feste Kontrakt hunn. An deem heite Fall ass e feste Kontrakt do! De Problem, dee sech stellt, ass dee vum Aklasséieren, an ech wëllt soen, dass mer do de Moment eigentlech keng Léisung ze proposéieren hunn, dass mer awer an der Regierung, an den Här Wiseler huet gesot, hie géif sech eeschthaft, an e mécht dat och, drëm këmmeren, dass mer eng gobal Léisung kréien, wéi mer an där neier Architektur vun de Studië vun dem Bologna-Prozess, wou mer e Bachelor a Master kréien, dass mer do eng global Léisung musse kréie fir alleguerten déi Leit, déi op deem Niveau ausgebilt sinn, an dass et also aus där Ursaach dës Kéier net virentscheet ginn ass an dësem Projet de loi.

Ech bedaueren et och, et ass ee Schéinheetsfeeler. Mä ech muss soen, deen allergréisste Schéinheetsfeeler, dee mer hunn, dat ass dass mer keng Infrastruktur hu fir deen neie Lycée technique pour professions éducatives et sociales. Ech sinn dat Éischt, wat doriwwer net frou ass. Ech ginn awer hei mäin Engagement an, fir meng Energie drunzesetzen, fir do eng Léisung ze fannen. An ech denken, dass mer der zwou musse fannen.

Mir mussen eng provisoresch fannen, eng Containerléisung fir direkt, a mir brauchen en definitive Site mat engem richtege Lycée, mat engem richtege Gebai fir dee Lycée technique pour professions éducatives et sociales, deen am Zentrum vum Land läit.

Ech sinn éierlech gesot och net sou pessimistesch, dass mer ganz geschwënn eng Léisung fannen, an ech hunn duerfir och guer kee Problem fir déi Motioun vun deene Gréngen hei unzehuelen.

Ech soen Iech alleguerte Merci, fir dass dat Gesetz gestëmmt gëtt, an ech wënschen deem neie Lycée technique pour professions éducatives et sociales ganz vill Erfolleg an haaptsächlech geschwënn eng

Infrastruktur, déi hinnen et och erlaabt all déi Formatiounen unzebidden, déi se kënnen ubidden.

An ech wëll do, dat als lescht, just nach op der Madame Loschetter hir Remarquen iwwert d'CATP-Ausbildung kommen: Also ech fannen et wichteg, dass mer eng nei CATP-Ausbildung sou séier wéi méiglech offréieren. Et ass awer esou, dass et mam beschte Wëllen an där Infrastruktur, an där Capacitéit, déi den IEES de Moment huet, net méiglech ass, do déi Ausbildung unzebidden. An duerfir hunn ech awer fonnt, et wär awer keng Ursaach fir deen CATP net unzebidden. An ech denken och d'Madame Loschetter war mat mir do d'accord, duerfir also: Eis Prioritéit an den nächste Méint ass eng definitiv Bleif ze fanne fir deen neie Lycée vun de Professions éducatives et sociales.

Merci fir dee Vote a bonne chance fir de Lycée.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Minister.

D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5408 iwwert den Enseignement musical. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Nelly Stein. Madame Stein, Dir hutt d'Wuert.

4. 5408 - Projet de loi portant modification de l'article 12 de la loi du 28 avril 1998 portant

a) harmonisation de l'enseignement musical dans le secteur communal;

b) modification de l'article 5 de la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail;

c) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture

Mme Nelly Stein *(CSV), rapportrice.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Madame Statssekretär, Madame Minister, soll ech waarde bis déi Leit, déi net méi wëlle bleiwen…

(Hilarité)

Da kënne mer och an aller Rou an an aller Intimitéit eise Projet duerchschwätzen.

Une voix.- Dann ass et méi harmonesch!

Mme Nelly Stein *(CSV), rapportrice.*- Et huet alles seng Avantagen. Da si mer alt roueg heibannen.

(Coups de cloche de la Présidence)

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen, bei dem Projet 5408, dee mer haut duerchhuelen, geet et just ëm eng Ännerung vum Artikel 12 vum Gesetz vum 28. Abrëll 1998 iwwert den Enseignement musical. Mer wëssen nach ganz gutt, datt d'98er Gesetz e Kompromiss war, mä, ech betounen, e gudde Kompromiss, deen d'Madame Erna Hennicot-Schoepges fonnt huet, fir all méiglech an esouguer géigesätzlech Interessen a Sensibilitéiten an engem Gesetz zesummenzefaassen.

An dësem Gesetz gouf nämlech de Plaffong vun der finanzieller Bedeelegung vum Stat op 190 Millioune Lëtzebuerger Frang festgeluecht. Mat dem Projet de loi vun haut setze mer dëse Betrag op 7.367.000 Euro erop, ech hunn lech dat ausgerechent, zirka 300 Milliounen, ganz genau 297.182.043. Wann Der 300 Milioune verhaalt, da leit Der richteg.

D'Erhéijung vum Plaffong ass engersäits bedéngt duerch d'Evolutioun vun de Gehälter, déi, esou wéi d'Gesetz vun 1998 et festgeluecht hat, zu engem Drëttel vum Kulturministère, zu engem Drëttel aus dem Fonds communal de dotation financière an zu engem Drëttel vun de Bedreiwergemenge selwer bezuelt ginn, an do dernieft mussen déi och nach all Fonctionnementskäschte selwer droen. Anerersäits gëtt et awer eng aner Ursaach fir d'Eropsetze vun dësem Betrag: Well am Joer 2002 de Museksunterrecht, dee vun dem Gemengesyndikat Dikrech an Ettelbréck ugebuede gëtt, de Statut vum Conservatoire de musique kritt huet, gradesou wéi de Museksunterrecht vun der Gemeng Déifferdeng de Statut vun enger École de musique kritt huet.

Dës Décisiounen, wouriwwer déi Gemenge selbstverständlech frou sinn, bréngen awer noutgedronge finanziell Konsequenze mat sech, sou datt Upassunge vum Gesetz fälleg ware fir de Budget 2005. Dat heescht, d'Zomm vum Joer 2004, do stoungen am Budget 6.836.000 Euro; dës Zomm geet ëm 360.806 Euro erop, wéinst der Promotioun an d'Grade vun engem neie Conservatoire de musique an och vun enger neier Musekksschoul. Mä ganz besonnesch - an dat wëll ech betounen, d'Leit aus dem Ministère hunn eis dat erkläert - aus der Suerg eraus, fir datt déi aner Gemengen net benodeelegt oder geschiedegt géife gi mat dëser Mesure.

Vun dësen 360.806 Euro geet déi eng Halschent zu Laaschte vum Kulturministère an déi aner Halschent zu Laaschte vum Ministère de l'Intérieur iwwert de Fonds communal de dotation financière.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet ass den 29. November 2004 vun den Häre Ministere Biltgen an Halsdorf - ech muss lech jo lo net soen, wellech Ressortë se hunn; wann een heibannen ass, deen et net weess, dann zielen ech d'Ressorten op -; Biltgen an Halsdorf hunn dee Projet hei an der Chamber deponéiert.

De Statsrot huet säi positiven Avis den 21. Juni 2005 ofginn. An den 30. Juni hat d'Kommissioun vum Enseignement supérieur, vun der Recherche a vun der Kultur eng gemeinsam Réunioun mat der Kommissioun vun den Affaires intérieures a vum Aménagement du Territoire, wou ech dann als Rapporteur vun dësem Gesetzestext bestëmmt gouf.

An dëser Réunioun goufen de Projet de loi an den Avis vum Statsrot analyséiert. Hei koumen eng ganz Partie Froen op den Dësch, an zwar Froen iwwert d'Organisatioun vum Museksunterrecht an de Gemengen an an de Gemengesyndikater.

De Punkt, iwwert deen awer am meeschten diskutéiert gouf, a sécher an Zukunft och am meeschten diskutéiert wäert ginn - et ka jo net aneschters si wann et ëm Gemenge geet -, dat ass dee vun der finanzieller Bedeelegung tëschent Stat a Gemengen.

Och de Statut vum Personal bleift e Problem, well d'Personal an deene verschiddene Museksschoule gradesou verschidden ass wéi d'Offer vum Museksunterrecht selwer. Et gëtt nämlech Museksproffen aus der Carrière E7, et gëtt Chargés de cours mat enger hallwer Tâche, et gëtt Chargés de cours mat enger ganzer Tâche, et gëtt Chargéé mat dräi, véier, siwe Stonne pro Woch. Déi eng hunn en Zäitkontrakt, déi aner hunn e Contrat à durée indéterminée an anerer sinn als Employé privé agestallt an esou weider an esou fort.

Fir deen Drëttel, deen d'Gemenge vum Ministère de l'Intérieur aus dem Fonds communal de dotation financière kréien, leie prezis Kritäre vir, an zwar wat d'Héicht vun de Gehälter betrëfft, wat d'Qualifikatioun vum Personal an d'Ancienneté vum Personal betrëfft. All dës Facteure spillen eng ganz wichteg Roll an all dat bréngt mat sech, datt d'Subventionéierung vu Gemeng zu Gemeng verschidden ass.

Gradesou verschidden ass logescherweis och d'Reaktioun vun de Gemengeverantwortlechen. An dat hu mer och gelies am Avis vum Syvicol, dee sécher dorobber wäert zréckkommen, gradesou wéi vill Gemengeverantwortlech op dës Fro wäerten zréckkommen, och - an dat wëll ech betounen haut, wou mer zum Schluss vun enger laanger Sitzung sinn - wann dës Fro net den direkten Objet vun dësem Projet de loi ass.

Ech wëll awer hei der Madame Statssekretärin Octavie Modert an hirem Fonctionnaire aus der Kultur, dem Här Schmoetten, wéi och dem Fonctionnaire, deen zoustänneg ass fir d'Finanzen am Intérieur, dem Här Leonhard, e grousse Merci soe fir hir Gedold…

(Hilarité)

…a fir hir Kompetenz, mat där si op déi vill Froe geäntwert hunn, a besonnesch fir d'Bereetschaft, eis bei Geleeënheet, dat heescht wa si d'Analys iwwert de wierkleche Käschtepunkt vum Museksunterrecht ofgeschloss hunn, weider Detailer ze ginn.

Dofir hu mer an der Sëtzung vun der Kulturkommissioun vum 5. Juli op Propositioun - an ech bedaueren, den Här Gira huet mech elo virun enger Véirelstonn drop opmierksam gemaach, dass déi Kommissioun eleng getagt huet. Ech muss soen, Här Gira, mir hätte gradesou gutt kënnen zu deenen zwou Kommissiounen tagen. Et hätt sécher näischt geännert, a wann dat en Oubli war, dann entschëllegen ech mech. Et hätt een deen anere kënne vläicht drop opmierksam maachen. Mä op jidde Fall war et net esou gewollt.

Mir hunn op jidde Fall an der Sëtzung vun der Kulturkommissioun vum 5. Juli op Propositioun vun der Kolleegin Claudia Dall'Agnol unanimement beschloss, mir sollten dës Analys vun de respektive Ministèren ofwaarden an dann eventuell, eventuell nei diskutéieren. Haut geet et jo eigentlech just drëm, ob mer d'accord sinn, fir de Plaffong vun der finanzieller Bedeelegung vum Stat zum Museksunterrecht eropzesetzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss. D'Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture huet dat an der Sëtzung vum 5. Juli gemaach, wéi si mäi schréftleche Rapport mat grousser Majoritéit ugeholl huet, an ech wier lech, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech misst deenen et och nach soen, déi muer de Mëtteg kommen, dankbar, wa jiddfereen datselwecht géif maachen an d'Gesetz stëmmen. An domadder géif ech ofschléissen, awer net vergiessen, den Accord vu menger Fraktioun, dat heescht vun der CSV ze ginn.

Ech soen lech Merci fir Är ausserge wéinlech Opmierksamkeet!

(Hilarité)

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci villmools, Madame Stein. Esou wéi mer dat zesummen ofgemaach hunn, gi mer elo ausnahmsweis dem Här Gira d'Wuert, deen och nach eng wichteg Réunioun a senger Gemeng huet. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Här President, merci am Ufank de Kolleegen a Kolleeginnen, déi mer de Virtrëtt hei loossen, wat mer effektiv erlaabt, nach zur Zäit op enger öffentlecher an domat schlecht verréckelbarer Réunioun den Owend ze sinn. Ech probéieren dann och mech esou kuerz wéi méiglech ze halen.

Ech fannen et schonn e bëssen erstaunlech, dass mer wéinst enger Erhéijung vu just 360.806 Euro vun engem Kredit am Statsbudget hei de ganzen Opwand bedreiwen, fir en extrat Gesetz op den Instanzewee ze ginn. Duerfir bedauere mir als Gréng e bëssen, dass mer net vun dësem Opwand profitéiert hunn, fir eng méi substanziell Evaluatioun vum Gesetz iwwert d'Museksschoule vun 1998 ze maachen.

Duerno hätt een dann och vläicht kënnen a solle méi eng substanziell Upassung vun dësem Kredit maachen. Well ech mengen, an d'Rapportrice huet dat och schonn ugedeit, d'Diskussiounen an der Réunion jointe, awer och den Avis vum Syvicol weisen, dass d'Problemer um Terrain awer nach wierklech net alleguerte geléist sinn an dass déi finanziell Répercussiounen, virun allem op d'Gemengebudgeten, sech awer trotzdeem méi oder wéineger esou entwéckelt hunn…

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Gira!

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Pardon.

M. le Président.- Här Gira, d'Rapportrice wëllt kuerz eppes soen.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Jo.

Mme Nelly Stein *(CSV), rapportrice.*- Jo, Här President, ech géif dem Här Gira awer wierklech gäre soen, et geet ëm méi wéi 306.000 Euro! Déi 306.000 Euro, déi si geduecht als Kompensatioun, dass déi zwee, de Syndikat vun Dikrech an Ettelbréck, en neie Statut kréien, esou wéi d'Gemeng Déifferdeng. Mä et geet am Ganzen ëm eng Erhéijung vu méi wéi 100 Milliounen.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Neen, dat ass awer net richteg, Madame Rapportrice. Déi aner Sue gi souwisou all Joer erhéicht.

Mme Nelly Stein *(CSV), rapportrice.*- Jo, mä wie rechent dat esou?

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Neen, dat steet am Gesetz an dofir bräichte mer kee Gesetz ze maachen. Dat ass en Artikel, deen am Gesetz steet. Dat geet mat der Masse salariale vun de Statsbeamten. Dee Montant ass automatesch an d'Luucht gaangen, an dowéinst hätte mer haut net bräichten unzetrieden.

Mme Nelly Stein *(CSV), rapportrice.*- Jo, wann Dir dat mengt, da geet dat.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Mä ech mengen, fir dass mer awer an der Chamber, Här President, eng Kéier eng seriö Evaluatioun vun dësem Gesetz kënne maachen, awer och fir gewuer ze ginn, als Deputéierten, wéi d'Regierung an dësem Dossier wëllt weidergoen, erlaben ech mer lech eng Demande d'interpellation ze iwwerreechen zu deem dote Sujet.

(M. Camille Gira dépose une demande d'interpellation sur le bureau de la Chambre des Députés)

Mir schéngen dann do, och ouni dass ech an där Sitzung war, awer méi oder wéineger jo déiselwecht Vuë gehat ze hunn, dass et un der Zäit wier, siwe Joer nodeem dat Gesetz gestëmmt ginn ass, eng Kéier zesummen a Rou an der Chamber kënnen driwwer ze diskutéieren.

Ech ginn lech Recht, Madame Rapportrice, dass haut net d'Geleeënheet dofir do ass. Dofir hoffen ech dann, dass dës Interpellatioun iwwert den Enseignement musical ugeholl gëtt. Da kënne mer am Hierscht, nodeem dann och all Informatiounen, mengen ech, vun de Ministèren, wéi mer dat versprach kritt hunn, virleien, eis eng Kéier en Nomëtteg huelen, fir dann d'Vuë vun deenen eenzelne Fraktiounen zu dëser Thematik gewuer ze ginn. Mä da vläicht an hoffentlech och d'Vuë vun der Regierung.

Ech mengen, dass awer opgrond och vun ëmmer méi kleng ginnende Gemengebudgeten et dréngend noutwendeg ass, fir eng Kéier ze kucke wou mer do stinn.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Gira.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Ech wollt nach just soen, dass mer awer selbstverständlech déi Erhéijung och hei wäerte stëmmen.

Une voix.- Soss wär et awer schlëmm!

M. le Président.- Merci villmools. Ech ginn dann elo der Madame Flesch d'Wuert, fir zu dësem Projet ze schwätzen.

Mme Colette Flesch *(DP).*- Här President, léif Kolleegen, fir d'alleréischt wëll ech der Rapportrice Merci soen, a vu dass mer jo an engem musikalesche Kontext hei sinn, géing ech wëlle soen, si schéngt mer eng richteg Femme orchestre ze sinn,…

(Hilarité)

…well viru kuerzem huet si ons e Rapport gemaach iwwert d'Moossname vun der UNESCO «pour interdire le transfert de propriétés illicites de biens culturels». Haut schwätze mer vum Enseignement musical communal. Si mécht déi Transitioun mat enger Facilitéit, fir déi ech se nëmme ka félicitéieren.

Mme Nelly Stein *(CSV), rapportrice.*- Merci, Madame Flesch.

Mme Colette Flesch *(DP).*- Här President, wéi dat scho gesot ginn ass, de Projet de loi huet zum Zweck, de Plaffong vun der Autorisatioun, déi d'Regierung huet fir um Finanzement vum Enseignement musical communal ze participéieren, ze erhéijen, fir zwou Tatsaache Rechnung ze droen: Éischtens, dass den Enseignement musical zu Dikrech an Ettelbréck elo de Statut vun engem Conservatoire huet, an zweetens, dass den Enseignement musical zu Déifferdeng de Statut vun enger École de musique huet. Mir wäerten dee Projet stëmmen a mir sinn absolut mat deene Propositiounen hei d'accord.

Et bleift awer trotzdeem, dass ee kaum kann iwwert d'Gesetz vun 1998 schwätzen, ouni e puer méi allgemeng Froen ze stellen. Och wa mir keng Interpellatioun ukënnegen, wëll ech awer op e puer Punkten agoen.

Wéi scho gesot ginn ass, d'Gesetz vun 1998 ass elo siwe Joer an Applikatioun. Et misst ee kënnen eng Evaluatioun maache vun deem, wat et bruecht huet, a vun deene Lacunen, déi vläicht dra sinn, an et misst ee kënne gewëssen Adaptatioune proposéieren. D'UGDA huet dat gefrot bei verschiddene vun hire Kongresser an an anere Réuniounen.

De Conseil supérieur de la musique huet deem Problem säin Avis vum 17. Abrëll 2004 gewidmet. De Syndicat des villes et communes luxembourgeoises huet an engem Avis datselwecht gefrot, an engem Avis vum 17. Mee 2005. Verschid-

de Stied a Gemengen, inklusiv déi Gemeng, déi ech am beschte kennen, hunn dem Kulturminister geschriwwen, fir eng Partie Problemen opzezeechnen, déi d'Applikatioun vum Gesetz vun 1998 mat sech bréngt.

Déi Froen, déi do opgeworf gi sinn, gi vum Contenu vum Enseignement musical, vun der Aart a Weis wéi d'Coursen organiséiert sinn, wéi den Enseignement sech mécht bis zu dem Finanzement. Ech wëll elo net hei op all déi Froen agoen, déi sech an deem Kontext stellen, mä ech wëll nëmmen déi puer Froen erwähnen, déi am Fong verbonne si mat deem Projet de loi, dee mer haut stëmmen, also mat deene Saachen ze dinn hunn, déi mer versichen haut fir Déifferdeng a fir Dikrech/Ettelbréck ze léisen. Dat ass also de Statut vun den Institutiounen, d'Organisatioun vum Enseignement musical an d'Participatioun vum Stat um Finanzement vun deem Enseignement.

Bei den Institutions d'enseignement musical schéngt et esou ze sinn - esou ass ons an der Kommissioun gesot ginn -, dass fir vum Statut vu Cours de musique an de Statut vun École de musique eriwerzegoen ee muss eng Période probatoire vu fënnef Joer duerchstoen. Ech wier frou, wann d'Madame Statssekretärin ons kéint soen, wat d'Base légale oder réglementaire vun där Dispositioun ass, a wa se ons weider kéint soen, woufir just deen Délai vu fënnef Joer gewielt ginn ass. Et hätt ee kënnen dräi Joer soen; et hätt ee kënne siwe Joer soen. Woufir fënnef Joer?

Wat nun d'Finanzparticipatioun vum Stat un dem Finanzement vun deem Enseignement musical betrëfft, drängen sech awer eng Partie Froen op. Et ass eng Tatsaach, dass d'A-Kraaft-Triede vun deem Gesetz vun 1998 de Käschtepunkt vum Enseignement musical bedeitend an d'Luucht gesat huet, och wéinst der Qualifikatioun, déi vun 1998 u beim Personnel enseignant verlaangt war. Or, zwee Drëttel vun deem Coût bleiwen à charge vun de Gemengen an de Stat leet dann een Drëttel bäi. Nach ass déi Participatioun plafonnéiert.

Et ass ganz kloer, dass dee Plaffong de Moment en contradiction ass mat der Dispositioun vum Artikel 12 Alinea 2, déi virgesäit: «L'État participe au financement de l'enseignement musical à raison d'un tiers des rémunérations brutes du personnel enseignant de ces institutions.» Duerch dee Plafonnement si mer guer net méi bei «un tiers des rémunérations brutes du personnel». Mir si bei engem Montant, dee verdeelt gëtt no Kritären, déi déi meescht vun ons net kennen. A mir sinn op jidder Fall net méi am Kader vum Artikel 12 vum Gesetz. Mir sinn am Kader vum Plafonnement, mä duerch de Plafonnement gëtt d'Participatioun vum Stat erofgesat.

De Syvicol weist zu Recht drop hin, dass eng zousätzlech Inkohärenz an deem Gesetz ass oder an de Modalités d'application vun deem Gesetz, well den Artikel 1 vum Règlement grand-ducal vum 14. Abrëll 1999 fixant les conditions et modalités d'exécution de la participation d'État et de l'ensemble des communes au financement de l'enseignement musical virgesäit, dass d'Kreditter vum Stat verdeelt ginn op der Basis vun de Coursen, déi an deene verschiddenen Ordres d'enseignement dispenséiert ginn. Et ass also net méi den Artikel 12, an deem gesot gëtt «sur la base des rémunérations brutes du personnel enseignant». Mä hei hu mer da schonn direkt an de Modalités d'application en anere Kritär.

Also, d'Disparitéite si mat esou Texter préprogramméiert. D'Feele vun Transparenz ass komplett. D'Gemenge wëssen iwwerhaapt net no wat fir enge Kritären déi Fonge verdeelt ginn, an den Imbroglio ass perfekt. Mä vläicht ass dat gewënscht. Dat sief dohigestallt.

Fir eng gewëssen Illustratioun vun deem ze ginn, wat ech elo gesot hunn, wollt ech op déi eenzeg prezis Chifferen zréckgräifen, déi ech kennen: Fir de Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg, deckt d'Participatioun vum Stat no esou engem Modus 38% vum Käschtepunkt vum Personnel enseignant. An ech soen derbäi, dass zwee Drëttel vum Personnel enseignant am Conservatoire vu Lëtzebuerg Professere sinn, also am E7. 38% vun deem Käschtepunkt ginn hei gedeckt, a 26% vum Käschtepunkt vum Fonctionnement vum Conservatoire.

No den Donnéeën ze jugéieren, déi d'Madame Erna Hennicot-Schoepges an hirer Eegeschaft als Kulturminister am Joer 2002 hei an dësem Haus op eng Fro vum Här Scheuer ginn huet, ass deen Taux vun 38% deen niddregsten, deen eng Gemeng am Land kritt. D'Stad Diddeleng zum Beispill kritt fir hir École de musique en Taux de participation vun 72%.

Also, Här President, ech wëll der Stad Diddeleng net hir 72% ewechhuelen. Mä ech géing awer gäre wëssen, wéisou bei hirer École de musique, vun där mer kënnen unhuelen, dass méi Chargé-de-coursë si wéi Professeren, den Taux de participation vun 72 erreecht gëtt, während an engem Etablissement, an deem zwee Drëttel vum Personal am E7 ass, mir en Taux de participation vun 28% hunn? Dat als Illustratioun vun deem, wat ech virdru gesot hunn.

No de Renseignementer, déi d'Madame Statssekretärin ons an der Kommissioun ginn huet an déi och hei erwähnt si gi vun der Rapportrice, sinn all déi concernéiert Ministèren elo derbäi ze kucken, wat de Käschtepunkt vum Enseignement musical effektiv ass a wat à charge vun de Gemengen ass. Ech géing mengen, dat wier eng gutt Saach, mä et soll ee mat deenen Aarbechte virumaachen an et soll ee gemäss och der Demande vum Syvicol engersäits de ganze Modell vun der Répartitioun tëschent de Gemengen erëm op de Métier huelen, an et soll een anerersäits och, wéi de Syvicol et freet, d'Enveloppe globale vum Stat an der Zouwendung fir den Enseignement musical renégociéieren.

Et muss een och, an dat ass fir mech nach bal méi wichteg, dofir suergen, dass d'Répartitioun tëschent de Gemengen équitabel ass, no objektive Kritäre virgeholl gëtt, an no Kritären, déi vu jiddfereengem kannt sinn, also a voller Transparenz.

En zweeten duebele Problem, Här President, deen ech wëll opwerfen, stellt sech fir eng Partie Gemengen, déi Schwieregkeeten hu bei der Organisatioun vun engem Enseignement musical an notamment beim Recrutement vu Chargé-de-coursen. D'Stad Lëtzebuerg ass net betraff, dofir schwätzen ech ganz - wéi soll ech soen? - gelassen iwwert deen dote Problem. Verschidde Gemenge bekloe sech, datt se net méi kënne Museker vun der Militärmusek astellen, fir déi Musekscoursë bei hinnen ze ginn, an datt se also mussen Enseignantë siche bis an d'Ausland. A wa se dat da maachen, da stoussen se sech un där Dispositioun, déi virgesäit, dass net nëmmen d'Professeren, mä och d'Chargé-de-coursen déi dräi administrativ Sprooche vum Land musse kënnen, dat heescht Franséisch, Däitsch a Lëtzebuergesch.

Natierlech, wann Der e Professer oder e Chargé de cours importéiert vun Namur oder vu Virton, dann ass et net evident, dass hien och ka Lëtzebuergesch schwätzen. E kann awer vläicht ganz gutt Flûte spillen a sengen Elèven dat mat op de Wee ginn, wat se brauchen, fir am Enseignement musical weiderzekommen. Ech géing also d'Statssekretärin biede mat Bienveillance engersäits mat dem Kolleeg vun der Fonction publique de Problem vun den Autorisatioune vun den Heures supplémentaires bei de Museker vun der Militärmusek ze préiwen, an anerersäits sech ze iwwerleeën, ob et wierklech onëmgänglech ass, dass e Chargé de cours deen dräi Stonne laang Gei oder Piano oder Flûte traversière enseignéiert an enger Gemeng, onbedéngt muss déi dräi administrativ Sproochen aus dem Land schwätzen.

Wann do Léisunge géinge fonnt ginn, géing ech mengen, géinge mer ville Gemengen entgéintkommen.

Här President, ofschléissend, mir ënnerstëtzen d'Propositioun vum Rapporteur, dass mer sollen, wann déi Finanzetüd vun de Ministèren ofgeschloss ass, op déi Fro zréckkommen an aller Serenitéit. Anersäits si mer awer och der Meenung, dass et gutt wier, wann d'Regierung op déi vill Demandë géing agoen, dass d'Applikatioun vum Gesetz vun 1998 soll evaluéiert ginn, dass ee soll kucken, ob a wou vläicht nach eppes ze verbesseren ass, an dass een dann eng objektiv Evaluatioun mécht an, wann et sech opdrängt, Adaptatioune proposéiert.

En attendant, Här President, wäerte mir dëse Projet stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Flesch. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Dall'Agnol.

Mme Claudia Dall'Agnol *(LSAP)*.- Merci, Här President. Madame Statssekretärin, Dir Dammen an Dir Hären, d'Madame Rapportrice an och meng Virriedner sinn op munches schonn agaangen, an esou wëll ech lech oder besser gesot deene puer, déi zu dëser spéider Stonn nach hei sinn, a mir selwer dann och d'Widderhuelung dovunner erspueren.

Ech mengen och, datt et zu dësem Projet de loi - wéi d'Madame Rapportrice jo och schonns sot - net méi vill Neies ze erziele géing ginn, an ech sinn dann och iwwerzeegt, datt si dat Wichtegst och scho gesot huet, an datt och de schréftleche Rapport däitlech, ausféierlech an och méi wéi compréhensibel ass.

D'Gesetz selwer, wat mer haut wäerten änneren, an och dat gouf jo schonns gesot, datéiert awer vun 1998. Eng Zäit also, an där ech leider nach net d'Éier hat an dësem héijen Haus ze siégéieren, sou datt ech déi deemoleg Diskussioune just noliese konnt.

Ech kann awer op d'Lecture hi soen, datt déi Leit, déi deemools en cause waren, sech ganz vill Méi ginn hunn, fir e gutt an och e kohärent Gesetz ze maachen.

D'Zäit ass allerdéngs net stoe bliwwen an och den Enseignement musical huet sech verännert. Et sinn ëmmer méi Kanner an och ëmmer méi Erwuessener, déi heivunner wëlle Gebrauch maachen. Doduerch ass dann och d'Offer méi vaste ginn, wat alles an allem jo eigentlech eng gutt Saach ass.

Wann een dann och weess, datt schonns virun 1998 bal 20 Joer un engem Gesetz fir den Enseignement musical geschafft gouf, ouni Erfolleg, da mengen ech weist dat och, wéi komplex eigentlech d'Matière ass.

Wann een dann nach dobäi weess, datt dat Gesetz vun '98 bal zweeanenhalleft Joer um Instanzewee war, da gesäit een nach méi staark wat un Diskussiounen néideg war, fir dat Gesetz iwwerhaapt deemools zustan ze bréngen. An och wann et e gutt Gesetz ass, wat schlussendlech gestëmmt gouf, esou ass et elo dach siwe Joer al, an et kann een duerchaus drun denken, wéi och scho meng Virriedner hei ënnerstrach hunn, fir ze kucken, ob et nach ëmmer zäitgeméiss ass, an, wann dat net sollt de Fall sinn, wat et dann ze veränneren, respektiv ze verbessere géing ginn.

An dës Meenung, déi ass jo och vun aneren Acteure scho geäussert ginn, ënner anerem och vum Syvicol a sengem respektiven Avis.

An och den deemolege Rapporteur vun deem Projet hei an der Chamber hat a senger Interventioun gesot, datt si sech deemools deem schonns bewosst waren, ënner anerem well se mat deem Projet Neiland betratt haten an datt se also keng Erfahrungswäerter haten, op déi se konnten zréckgräifen.

Wann een d'Interventioune vun de Kommissiounsmemberen an der Diskussioun vum Projet 5408 matkritt huet, an och dann hei d'Interventioune vu menge Virriedner, da weess een, datt der och do der Meenung sinn, datt et Zäit gëtt, d'Analys vum Gesetz vun 1998 ze maachen. Haaptsächlech natierlech, an dat ass jo och méi wéi däitlech hei schonn ugeklongen, zum Volet Finanzéierung.

D'Gesetz selwer gesäit, wann ech mech net verzielt hunn, och net manner wéi zéng Règlements grand-ducaux vir, a vläicht kéint een, wa mer dann d'Gesetz géingen iwwerschaffen, och drun denken, fir déi Bestëmmungen, déi doranner festgehal goufen an déi sécher och néideg waren, fir kuerzfristeg Remedur ze schafe bei opgetauchtene Problemer, eventuell och da mat an den definitiven Text vun deem Gesetz mat eranzekréien.

Am initiale Projet vum 98er Gesetz, dat jo wéi gesot da schonns '95 déposéiert gouf, stoung iwwregens de Montant, dee mer haut da mam Projet 5408 no uewen adaptéieren, nach mat nëmmen 170 Milliounen aler Lëtzebuerger Frangen dran. Deemools scho sot awer d'Commission des Affaires communales et de l'Urbanisme an hirem Rapport, dee se pour avis ofginn hat, datt déi Zomm net géing duergoen. Déi Meenung gouf och vun der Commission des Média an dem Statsrot gedeelt, esou datt dee Montant da schlussendlech op 190 Milliounen eropgesat gouf.

De Statsrot vun deemools an och d'Kommissiounsmembere louchen also richteg, wann ee gesäit wéi mer de Montant dann haut no uewen adaptéieren. A genau doweinst, well dee Chiffer net ofhëlt, mä bien au contraire wahrscheinlech mat méi interesséierte Leit an doduerch och mat nach méi Coursen an Zukunft nach wäert an d'Luucht goen, drängt sech also dann och eng Reform vum Gesetz an notamment der Finanzéierung op.

Mir wëssen, an och dat hu meng Virriedner jo schonns gesot, datt de Museksunterrecht d'Gemengen eng ganz Staang Geld kascht. Mä mir sinn eis awer sécherlech all heibannen eens, datt jiddereen, ob jonk, ob al, ob aarm, ob räich, eng qualitativ héichwäerteg musikalesch Ausbildung soll kënne kréien, wann en dat wënscht.

Dat heescht am Kloertext, datt d'Gemengen net kënnen higoen a Coursen zu Präisser ubidden, wou nëmmen nach bestëmmte Schichten, wéi dat ganz fréier mol de Fall war, sech eng Musekksschoul oder awer och e Conservatoire kënne leeschten. A wann ech als Beispill d'Präisser fir d'nächst Schouljoer aus menger Gemeng, also vun Diddeleng huelen, da gesäit een, datt déi och méi wéi sozial sinn. Als Beispill: E Cours collectif fir Kanner kascht 20 Euro pro Joer an ee fir Adultë 75 Euro.

Déi Präisser ënnermaueren also och meng Bemierkung vu virdrun, nämlech d'Recht op musikalesch Ausbildung fir jiddereen.

Hei stinn awer menger Meenung no net nëmmen d'Gemengen an der Flicht, mä och de Stat; also rëm en Argument méi fir d'Gesetz an d'Finanzéierung ze iwwerkucken.

Mir waren eis an der Kommissioun och eens, datt et wichteg war de Projet 5408 elo ze stëmmen, an d'Madame Rapportrice huet et jo och schonns ugedeit, datt mer dem Ministère mat op de Wee ginn hunn, mol fir d'éischt am klenge Krees mat de Concernéierten ze kucken, wou d'Gesetz vun '98 reformbedürfteg ass an duerno eréischt eng Detaildiskussioun hei an der Chamber driwwer ze féieren.

Heibanne wäerte mer eis sécher och eens driwwer sinn, datt d'Gemengenautonomie beim Enseignement musical net a Fro gestallt soll ginn an datt d'Gemengen nach ëmmer selwer am beschte wëssen, wéi si op hirem Terrain de Museksunterrecht, respektiv eng Musekksschoul fonctionnéiere solle loossen. Och dëst soll ee beim Iwwerschaffe vun deem Gesetz awer net aus den Ae verléieren.

Och déi eenzel Responsabel vun de Musekksschoulen an de Conservatoirë si bestëmmt, genau wéi dat '98 de Fall war, rëm bereet matzeschaffen, an duerfir soll een dann och si kontaktéieren, ier ee géing konkret Virschléi maachen, wat schlussendlech da bei deem Gesetz elo ze ännere wär.

